

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. 7498 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

- Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain
- Discussion générale : M. Léon Gloden - M. Claude Lamberty - M. Dan Biancalana - M. François Benoy (intervention de M. Léon Gloden) - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. le Ministre François Bausch) - M. François Benoy (parole pour fait personnel) (interventions de M. Fred Keup et de M. Fernand Kartheiser) - Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Fred Keup) - M. Marc Goergen
- Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure - M. Laurent Mosar (parole après ministre) - M. le Ministre Henri Kox
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. Question élargie n° 105 de Mme Simone Asselborn-Bintz relative aux centres de compétences

- Mme Simone Asselborn-Bintz - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - Mme Simone Asselborn-Bintz - M. le Ministre Claude Meisch

4. Question élargie n° 106 de Mme Diane Adehm relative aux modalités de calcul du contingent de leçons au niveau de l'enseignement fondamental

- Mme Diane Adehm - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

5. 7778 - Projet de loi relative à la construction du contournement de Hosingen (E421/N7)

7779 - Projet de loi relative à la mise à 2x2 voies de la B7 entre les échangeurs de Schieren et Ettelbruck

7780 - Projet de loi relative à la sécurisation de la N7 entre Fridhaff et Weiswampach

- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary (projet de loi 7778)

- Rapports de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back (projets de loi 7779 et 7780)

- Discussion générale : M. Aly Kaes - M. André Bauler (interventions de M. Aly Kaes et de M. le Ministre François Bausch) - Mme Cécile Hemmen (intervention de M. André Bauler) - Mme Stéphanie Empain (intervention de M. Aly Kaes) - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics - M. Michel Wolter (parole après ministre) - M. le Ministre François Bausch - Mme Myriam Cecchetti (parole pour fait personnel) - M. le Ministre François Bausch

- Vote sur l'ensemble du projet de loi 7778 et dispense du second vote constitutionnel
- Vote sur l'ensemble du projet de loi 7779 et dispense du second vote constitutionnel
- Vote sur l'ensemble du projet de loi 7780 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch et M. Henri Kox, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Ech maachen d’Sitzung op. Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

2. 7498 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Den éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7498, eng Ofännerung vum Policegesetz. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif direkt d’Wuert ginn un d’Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

■ **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*), rapportrice.**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech dierf lech haut, nodeems mer eis relativ oft an der Kommissioun mam Sujet befaasst hunn, endlech de Rapport maache vum Projet de loi 7498, allgemeng bekannt ënnert dem Numm „VisuPolsgesetz“, an deem mer d’Videosurveillance encadréieren.

Et ass e Gesetzestext, dee vun enger Partie Leit, och heibannen, scho méi laang seensüchteg erwaart gétt. D’Tatsaach ass och, dass eng gewëssen Urgence besteet, well mer dës legal Basis brauchen, fir dass och d’Kameraen am neie Fussballstadion reglementéiert kënnen ginn. D’Videosurveillance ass jo eng vun de Viraussetzunge vun der UEFA, fir dass gewësse Matcher kënnen do ausgedroe ginn.

Bon, ëm wat geet et an dësem Projet de loi? Wéi gesot, et geet drëm, d’Videosurveillance ze encadréieren, an zwar d’Videosurveillance, déi an de Kompetenzberäich vun der Police fält.

Dat Ganzt ass virun allem am Kader ze gesi vu verschiddenen Zonen, an deenen et en erhéichte Risiko fir Kriminalitéitsopkomme gétt, wou een awer och net ka ronderëm d’Auer eng polizeilech Presenz assuréieren.

Zënter 2007 dierf d’Police duerfir op d’Videosurveillance zrëckgräifen. Deemools war d’Videosurveillance nach vum Gesetz vum 2. August 2002 „relative à la protection des données à caractère personnel“, esou wéi et 2017 (veuillez lire: 2007) modifizéiert ginn ass, gereegelt, souwéi och duerch den derzougehéierende Règlement grand-ducal vum 1. August 2007.

Allerdéngs huet d’Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d’„Organisation de la Commission nationale pour la protection des données et du régime général sur la protection des données“ awer dunn dat modifizéiert Gesetz vum 2. August 2002 souwéi och sâi Règlement grand-ducal abrogéiert. Ausserdeem ass et jo 2018 zu engem Paradigmewiessel komm duerch d’Gesetz vum 1. August 2018 „relative à la protection des personnes physiques à l’égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu’en matière de sécurité nationale“.

Dëst huet en neie Kader geschafen, fir Données en matière pénale et en matière de sécurité nationale ze traitéieren. Esou huet d’CNPD dunn och an engem Avis vum Mäerz 2019 opgeworf, dass d’Videosurveillance, doduerch dass se eng permanent lwwerwaachung op verschiddene Plazen duerstellt, logescherweis och eng Ingérence an d’Privatliewe

vun de Leit bedeit. An an deem Sënn misst d’Videosurveillance och duerch e spezifesch Gesetz geregelt ginn.

Et ass dunn decidéiert ginn, dëst Gesetz an de Champ d’application vum modifizéierte Gesetz vum 18. Juli iwwert d’Police grand-ducale ze integréieren.

Dëst Gesetz gesäit elo vir, dass d’Videosurveillance vum zoustännege Minister kann autoriséiert ginn, dëst zum Zweck vun der Preventioun, der Recherche a vun der Constatatioun vu penalen Infractionen. D’Autorisatioun gëllt ëmmer fir dräi Joer.

D’Bildmaterial gëtt spéitstens zwee Méint nom Enregistrement definitiv gelöscht. Et sief dann, dës Donnéeë ginn am Kader vun enger Enquête préliminaire oder enger Instruction judiciaire gebraucht.

Eng Ausnam gëtt et fir Bildmaterial, dat fir intern Ausbildungszwecker genotzt gétt. Mat Autorisatioun vum Plicedirekter kann dat Bildmaterial am Sënn vun enger Analys vum Oflaf vun enger Interventioun oder eebe fir Ausbildungszwecker fir eng Durée vun zéng Joer benotz ginn. Déi Demande muss dann awer och ausräichend motivéiert ginn a Persounen, déi op dëse Biller optauchen, müssen dann och onkenntlech gemaach ginn.

Weil et sech bei der Videosurveillance ëm eng invasiv Mesure handelt, ënnerläit dës der Konditioun, dass all déi aner Mëttelen, déi verhënnere sollen, dass Infractionen do begaange ginn, versicht gi sinn a sech awer als ineffikass erweisen hunn an dass se sech op Beräicher limitéiert, wou e besonnesche Risk besteet, dass Infractione vun enger gewësser Gravitéit begaange ginn.

Dës Autorisatioun vum Minister muss deementspriechend op enger Étude d’impact baséieren, déi vum Generaldirekter vun der Police gemaach gétt, a muss och den Avis vum Procureur général, deen territorial kompetent ass, vum Gemengerot a vun enger nei ze grënnender Commission consultative, op déi ech nach wäert zrëckkommen, berécksiichtegen.

D’Zil vum Gesetz ass et, engersäits kloer ze definéieren, weéni an ënner wéi engen Émstänn wéi eng Krittäre müssen erfüllt sinn, fir dass eng Zon kann ënner Videosurveillance gesat ginn. Anerersäits geet et natierlech och ëm d’Protection des données, also wien Zougrëff op déi Biller huet, wat genee ka gewise ginn, wéi laang d’Enregistrements gehale ginn et cetera.

Et gëtt och festgehal, dass de Recours op d’Technike vun der Reconnaissance faciale ausdrécklech ausgeschloss ass.

Spezifesch elo nach eng Kéier fir op dës Commission consultative zrëckzekommen, well dës awer och wierklech en neie Moment duerstellt: Si ass natierlech extern an onofhängeg a si prononcéiert sech souwuel iwwer nei Emplacements, déi fir eng Videosurveillance envisagéiert ginn, wéi och iwwert d’Verlängerung vu scho besteeënden Zonen, déi all dräi Joer erëm muss ugefrot ginn.

Dës Kommissioun berécksiichtegt och d’Suggestiounen, déi vun der IGP an hirer Etüd vum Mäerz 2021 iwwert d’Effikassitéit vun der Videosurveillance formuléiert gi sinn.

An dëser Etüd ass d’IGP och op eng Motioun zrëckkomm, déi sengerzäit vum Félix Braz an der Chamber deposéiert gi war an déi den 8. Juni 2010 unanime vun der Chamber ugehall gi war. Dës hat gefuerdert, dass eng onofhängeg Evaluatioun vun der Videosurveillance misst gemaach ginn.

Dës Kommissioun, déi also elo virgesinn ass, soll sech iwwert d’Opportunitéit fir d’Mise en place vun der Videosurveillance op engem neie Site prononcéieren a soll sech besonnesch och der Fro widmen, ob d’Konditioun erfüllt ass, dass all aner Mët-

telen ausgeschëpft gi sinn an eeben net effikass waren.

Dës Kommissioun gëtt zesummegeat aus: engem Representant vum zoustännege Ministère, engem Representant vun der IGP, engem Representant vum Ministère vun der Justiz, engem Representant vum Minister, deen d’Affaires communales a sengen Attributiounen huet, engem Representant vum Commissariat du Gouvernement à la protection des données auprès de l’État, engem Representant vun der CCDH, engem Representant vun enger konventionéierter Associatioun, déi am Beräich vun der Action sociale schafft, engem Representant vun enger Associatioun, déi am Beräich vun der Kriminologie schafft.

Domadder sinn och Experten am Beräich vun de Mënscherechter, vum Dateschutz a vun der Zivilgesellschaft do an där Kommissioun représentéiert.

Fir op d’Aarbechten an der Kommissioun zrëckzekommen. Bon, wéi schonn am Ufank ugeschwat, hu mer eis mat dësem Projet de loi alt e puermol an der Kommissioun beschäftigt. Ënner anerem och dowéinst, well mer eng Partie Aller-Retoure mam Staatsrot haten an dofir och no all Ronn Amendementer forcement och eng nei Ronn Avisen erakomm sinn.

Déi alleréischte Kéier hu mer den 3. Oktober 2019 an der Kommissioun iwwert den Avant-projet de loi geschwat. Den Text war zu deem Zäitpunkt also nach net deposéiert. Den Text ass dunn de 14. November 2019 deposéiert ginn. De 25. Februar koum den éischten Avis vun der CCDH. Hei hält si fest, dass an hiren Aen d’Videosurveillance keng Wonnerléisung ass, well se riskéiert, sech just de Symptomer ze widmen an net den Ursache vum Problem. An den Avis vun der CNPD koum den 28. Februar 2020.

Ufank Mäerz 2020 ware mer eis dunn och mat der Chamberskommissioun de Service VisuPol ukucken, wat eis och wierklech e gudden Abléck ginn huet an d’Aarbechte vu VisuPol an zemools och e bessert Verständnis derfir, wéi VisuPol fonctionéiert.

Den Avis vum Staatsrot louch eis den 10. Mäerz 2020 vir. An dësem Avis hält de Staatsrot notament fest, dass esou en Aschnëtt an d’Privatliewen, deen d’Videosurveillance nun emol duerstellt, méiglech ass, wann et eng legal Basis derfir gëtt a wann dës Mesure néideg ass fir d’ëffentlech Sécherheet. Viraussetzung ass, dass de Contrôle vun der Necessitéit an der Proportionalitéit assuréiert ass.

Den 21. Abrëll gouf en Amendement gouvernemental virgeholl, wourophin de Staatsrot en Avis complémentaire den 12. Mee ginn huet. D’CNPD huet hiren Avis complémentaire de 17. Abrëll ofginn.

D’Aarbechten an der Kommissioun sinn dunn den 19. November 2020 weidergaangen, wéi dunn d’Avisen an d’Avis complémentaires analyséiert gi sinn.

No dëser Sëtzung koum et erëm zu Amendements parlementaires, déi dunn och den 18. Dezember un de Staatsrot pour avis geleet gi sinn. Duerno koum den Avis vum Syvicol, datéiert op de 25. Januar 2021. An den 23. Februar koum dunn och schonn den zweeten Avis complémentaire vum Staatsrot, an deem en och eng Opposition formelle ausgeschwat huet, well am Paragraf 11 net kloer preziséiert war, wéi laang d’Donnéeë solle gespäichert ginn.

Och d’CNPD huet hiren zweeten Avis complémentaire eragereecht, dat um Datum vum 3. Mäerz 2021. An dësem Avis huet d’CNPD positiv ervirgehewen, dass de Recours op d’Reconnaissance faciale elo explizitt vum Text ausgeschloss ginn ass.

Doropshin huet d’Kommissioun sech den 12. an de 25. Mäerz dëst Joer eingeeënd mat der Etüd be-

faasst, déi eis entre-temps vun der IGP virgeluecht gi war. An dëser Etüd huet d’IGP engersäits den aktuelle Kader an déi aktuell Dispositiffen detailléiert duergeluecht a sech och iwwert d’Opportunitéit vum Dispositif VisuPol prononcéiert. Engersäits sträicht si ervir, dass deen Dispositif eng interessant Pist ass, déi och vermeert ka genotzt ginn am Kader zum Beispill vun Observatiounen am Drogemilieu, fir dann och konkreet Aktiounen ze preparéieren.

A Saache Preventioun kënnen d’Kameraen en disuasiven Effekt hunn. Do hânt et dann awer vum Quartier a vum Typ vun der Infraction of. A Saachen Drogeproblematik am Garer Quartier zum Beispill gesi mer awer, dass VisuPol eleng keng Léisung duerstellt. Esou hält d’IGP eeben och fest, dass VisuPol nëmmen en Deel vun der Kriminalitéit erfaasse kann an och just een Element ënner aneren duerstelle kann.

Den 29. Mäerz huet d’Kommissioun sech du mam zweeten Avis complémentaire vum Staatsrot befaasst an huet gläichzäiteg nach déi lescht Ronn vun den Amendements parlementaires festgehalten, déi dem Staatsrot dunn nach emol ënnerbreet gi sinn, dat de 14. Abrëll vun dësem Joer.

Dem Staatsrot säin drëten Avis complémentaire huet dunn net laang op sech waarde gelooss an ass eis den 1. Juni zoukomm. An dësem Avis huet de Staatsrot sech iwwert d’Necessitéit fir eng weider Instanz, also d’Commission consultative, interrogéiert. Fir de Staatsrot sollt déi systematesch Mise en place vun neie Kommissiounen evitéiert ginn.

De 17. Juni elo hu mir an der Kommissioun dësen drëten Avis analyséiert a beschwat. D’Kommissioun huet sech awer kloer fir dës Commission consultative ausgeschwat, well en onofhängege Contrôle an esou engem sensible Beräich wéi der Videosurveillance eis awer méi wéi berechtegt geschéngt huet. D’Aarbechte sinn an der Kommissioun mat der Adoptioun vum Rapport de 25. Juni elo clôturéiert ginn.

Voilà. Fir all weider Detailer, wat dëse Rapport ubelaangt, well esou vill Zäit bleift mir dann och net, fir an all einzelen Detail anzegoen, et war e relativ exhaustive Rapport, verweisen ech dann op mäi schrëftleche Rapport.

Bon, ech wollt och nach drunhänken, ech si jo elo nach net esou laang hei derbäi, mee ech kann awer soen: Als Rapportrice ass dat heiten awer elo e Gesetzestext gewiescht, wou relativ vill Aller-Retouren a vill Tëschenetappe waren, wou mer och ganz intensiv an der Kommissioun dru geschafft hunn. An ech wollt och soen: Och wa mer eis op enger Rëtsch Punkten net ëmmer ganz eens waren oder verschidden Interpretatiounen haten, sou hu mer awer wierklech ganz konstruktiv un dësem Text zesummege schafft, fir en haut och kënnen ze presentéieren. An dofir wollt ech dann och jidderengem, deen an der Kommissioun matgeschafft huet a sech heiru bedeelegt huet, e ganz grouse Merci ausschwätzen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. An enger idealer Welt bräicht een esou e Projet de loi, wéi mer en haut ofstëmmen, net an d’Madamm Rapportrice hätt keng Aarbecht domadder gehat. Ech wéilt hir op dëser Plaz Merci soe fir hire gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. A jo, mir hu vill diskutéiert, bis mer op dat Resultat komm sinn, wat haut hei zur Ofstëmmung läit.



D'Welt, an där mer liewen, ass awer leider net ideal. D'CSV ass ganz kloer fir dëse Projet de loi. D'Videosurveillance ass ee vun de Moyenen, fir souwuel um preventive wéi och um repressive Gebitt d'Polizei an hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen an, wann et muss sinn, d'Gericht an der Beweislag ze ënnerstëtzen.

Videosurveillance, Här President, kléngt effektiv ëmmer no „Big Brother is watching you“. Et muss een awer dëse Projet de loi a säi Kontext setzen. Mir schwätzen hei vu Videosurveillance duerch de VisuPol-System: D'Poliziste setzen um Schiirm, fir iwwer Kamera verschidde Plazen ze filmen an d'Biller opzehuelen.

Doniewent gëtt et déi normal Videosurveillance, déi just dem Gesetz iwwer Protection des données personnelles ënnerläit.

Ech erënneren och un d'Interpellatioun vum Juli 2010. D'Madamm Rapportrice ass och kuerz op déi Interpellatioun agaangen. An där Debatt 2010 ass d'Fro ëmmer erëm gestallt ginn, ob een d'Sécherheet am öffentleche Raum duerch Kamerae verbessere kéint. All d'Riedner deemools hunn drop higewisen, datt et wichteg wier wéinst dem Grondrecht op de Respekt op Privatschutz, Privatliwien, déi streng Krittäre vum Dateschutzgesetz anzehalen.

Et ass och iwwert déi berüümt Affär geschwat ginn, wou eng Persoun an enger Telefonskabin um Aldringen gefilmt ginn ass, wéi se amgaang war, eng Infraktioun ze maachen. Deemools, am Kader vum Prozess, hunn den Tribunal an d'Cour d'appel gesot, datt dee Video net kann als Beweismittel geholl ginn, well et wier do ouni Autorisatioun gefilmt ginn. D'Cour de cassation huet deen Arrêt vum der Cour d'appel awer casséiert deemools an huet gesot, datt et um Richter ass, d'Admissibilitéit vun enger Preuve, och wa se illicite geholl ginn ass, ze appreciëieren, andeem een all Element vun dem Fall a Consideratioun hält.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi schreift sech awer och an déi aktuell Sécherheetsdebatt an, déi mer iwwert déi lescht Wochen a Méint hei geféiert hunn. Fir eis als CSV ass et ganz kloer, datt eng Videoiwwerwaachung am Aklang mat de strikte Reegele vum Dateschutz ee vu ville Moyenen ass, fir kënnen d'Polizeiaarbecht ze ënnerstëtzen, souwuel am preventive wéi och am repressiven Domän.

Et ass ee vu villen Outilen, mee et ass e wichtege Outil. Dëst ass d'ailleurs och d'Konklusioun vun der IGP an hirem Rapport vum 12. März 2021 iwwert d'Effikassitéit vun der Videosurveillance. Aus deem Rapport kënn ganz kloer eraus, datt d'Polizisten de VisuPol als en Outil de travail efficace consideréieren. Och schreift d'IGP an hirem Rapport, datt d'Leit sech duerch d'Kameraiwwerwaachung méi sécher spieren.

Recht op de Respekt vu senger Privatsphär heescht och, e Recht drop ze hunn, sech kënnen am öffentleche Raum, an engem Park oder an enger Strooss ze beweegen, ouni fäerten ze mussen, ugegraff ze ginn.

Och dat, Här President, gehéiert zum Bien-être, dee mir jo als Politiker och ëmmer an d'Fenster stellen, fir Lëtzebuerg no baussen ze verkafen. An ech hat et 2016 am État de la Nation gesot, datt den État de la Nation méi ass wéi just Zuelen. Am État de la Nation geet et och ëm d'Liewensqualitéit vun eise Bierger. An ee vu ville Krittären, fir d'Liewensqualitéit ze moossen, ass d'Sécherheet, a méi prezis d'Sécherheetsgefill vun de Bierger. Sécherlech ass de Sujet ëmmer deels eng subjektiv Analys, mee net nëmmen.

Här President, an dësem Gesetz, wat eng Rei Dispositiounen am Policegesetz ännert, ass et kloer, datt et muss e Risque particulier ginn, fir datt d'Videosurveillance kann op verschidde Plaze gemaach ginn: Et muss zu vermeerte Strofdoten op där Plaz komm sinn oder et muss Plaze sinn op enger Lag, déi sech besonnesch dofir ubitt, datt do Infraktiounen kéinte geschéien. Et kënnen och Plaze sinn, wou reegelméisseg national oder international Evenementer stattfannen. An datt dëse Projet de loi elo eng kleng Urgence kriit huet, huet jo och domadder ze dinn, datt den nationale Fussballstadion soll geschwënn opgoen.

Et muss och eng ministeriell Autorisatioun virleien. An déi Commission consultative, op déi d'Madamm Empain agaangen ass, ass jo och agesat ginn, fir datt déi hiren Avis préalable ofgëtt.

Et ass och wichteg, datt déi Beamten, déi am VisuPol schaffen, motivéiert sinn. Op hinne läit nämlech och eng grouss Responsabilitéit.

Et ass och fir d'CSV, Här President, wichteg, datt et zu enger reegelméisseg Evaluatioun kënn an, wann et muss sinn, zu der Adaptatioun vun deene Sécherheetszonen, wou gefilmt gëtt.

An ech wëll och hei drop hiweisen, datt Der endlech muss dat Versprieche aléisen, zum Beispill zu Bouneweg Videoiwwerwaachung opzeriichten.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

(*Interruptions*)

■ **M. Léon Gloden** (CSV).- D'Videoiwwerwaachung ... Bon, Dir kënn et elo direkt maachen, Här Minister. Et gëtt jo gestëmmt.

(*Interruptions*)

Voilà. D'Autorisatioun ass virbereet.

(*Interruption*)

D'Videoiwwerwaachung muss an e globaalt, an e multidisziplinäert Sécherheetskonzept agebett ginn. Duerfir widderhuelen ech an dësem Kontext - Dir sidd net iwwerrascht, Här Minister - d'CSV-Fuerderung fir Bodycamen. Déi rezent Incidenten um Virowend vun Nationalfeierdag hu kloer gewisen, datt, wann e Polizist mat enger Bodycam ekipéiert ass, d'Beweislaascht méi einfach ass. Dëst géif verënnern, datt op Facebook oder op anere Medien op eemol Filmer optauchen, wou een net weess, wat richtig oder wat falsch ass. An esou engem Fall ass eng encadréiert Videosurveillance an e Bodycamenregistrement sécherlech méi hëllefträich.

D'Majoritéit stëmmt jo dëse Projet. D'CSV och.

Déi rezent Diskussiounen hunn awer ëmmer erëm bewisen, datt besonnesch de grénge Koalitiounspartner sech schwéierdeet mat enger Rei Sécherheetsmesuren. Ech hoffen, datt dës Regierung endlech bereet ass, deen néidege Sécherheetspackage ze schnüren, an datt ech net méi muss héieren, wann de Policeminister seet: „Mee da soll een eng Auer oder e Bijou eeben net méi undoen, wann een dobausse spadséiere geet.“

Ech wëll, ...

(*Interruption*)

Här Minister, Dir hutt dat gesot.

(*Interruption*)

An deem Kontext wëll ech och nach eng Kéier op de Platzverweis hiweisen. De Staatsrot huet leider meng Proposition de loi e bësse kritiséiert. Awer, Här Minister, net, wéi Dir et dobaussen um Radio gesot hutt, wéinst der Libre circulation des personnes, mee well de Staatsrot einfach gesot huet: Et gëtt schonn eng Zone de sécurité, wou een eebe Leit kann eraushuelen. Dofir bräicht ee kee Platzverweis. Dat sinn zwou verschidde Saachen. Ech mengen, datt de Staatsrot dat, éierlech gesot, net verstan huet. Eng Zone de sécurité ass zum Beispill, wann elo e Fussballmatch am Stadion ass, da gëtt e Périmètre de sécurité déterminéiert an d'Leit, déi sech an deem Perimeter ophalen a sech de Batti stellen, déi kënnen aus deem Perimeter entfernt ginn. De Platzverweis ass eppes anescht. Do gëtt kee Périmètre de sécurité déterminéiert, mee Leit, déi opfalen, kënnen einfach vun der Police do verwise ginn.

An do och meng Fro un Iech, Här Minister: Dir hutt jo ugekënnegt, e Projet de loi iwwert de Platzverweis ze deposéieren. Ech stelle fest, bis haut ass en net deposéiert ginn. Et gëtt mer gesot, datt de Staatsrot e kriteschen Avis zu Ärem Projet ginn hätt. Dir kënn et jo da soen, wat deen Avis seet a wéini datt Der dann Äre Projet deposéiert, well och an deem Dossier ass Urgence.

An ech wëll och drop hiweisen, wat de Premierminister 2017 am État de la Nation gesot huet: „Dat subjektivt Sécherheetsgefill bei de Leit ass awer net deementspreechend, och wann e Réckgang vum Kriminalitéitsstaux feststellen ass. Et muss méi effizient geschafft ginn. Méi Presenz muss garantéiert ginn, wou een dat och brauch.“

Här President, ouni Sécherheet gëtt et keng Fräiheet. An an deem Sënn gëtt d'CSV den Accord zu dësem Projet.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gloden. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Lamberty** (DP).- Merci, Här President. Wa mer eng Police wëllen, op déi ee sech verlosse kann, eng Police, déi den Erausforderunge vun der Zäit gerecht gëtt, an eng Police, déi op déi nei gesellschaftlech Phänomene ageet, da mussen mir hinnen och déi néideg Moyene ginn, fir dass si hir wichteg Aufgaben am Déngscht vum Bierger kënnen erfëllen.

Dat fänkt natierlech beim Effectif vun der Police un. ouni dee geet et net. Nëmme wann d'Police genuch Ressourcen zur Verfügung huet, wäert si dem héijen Usproch kënnen gerecht ginn.

Am Ausland ass oft rieds vu Personalaspueren duerch Iwwerwaachungskameraen. Dat steet hei am Land jo zum Gléck net zur Debatt. De Géigendeel ass de Fall. D'Police grand-ducale rekrutéiert.

D'Regierung huet, wéi Der wësst, en immens ambitiöse Rekrutementsplang op d'Bee gestallt, mat deem iwwer 600 Poliziste sollen agestellt ginn. Dat begrësse mir als DP. Firwat? Ma well mer Polizisten um Terrain brauchen.

D'Policepresenz bleift den A an den O: d'Presenz um Terrain, d'Presenz beim Bierger. D'Sécherheet vum Bierger garantéieren an de Leit Hëllef zoukomme loossen, wa se Hëllef brauchen. Dorobber kënn et un. An ech mengen, mir sinn eis och eens heibannen, dat ass elo, awer och an Zukunft eng vun de wichtegsten Aufgabe vun de Beamten dobaussen a vun eis als Politik heibannen, fir de Kader ze schafen, fir dass dat och um Terrain ka garantéiert ginn.

An deem Kontext begréisst d'DP dëse Projet de loi, well mir der Meenung sinn, dass all Outil, deen de Polizisten um Terrain hëlleft, fir hir Aarbecht kënnen Dag fir Dag méi effikass ze maachen, ma dass dat genau dee richtige Wee ass.

(*Interruptions*)

Wichteg ass eis awer och de Feedback vun der Police selwer, wou d'Kameraiwwerwaachung als positivt Instrument ugesi gëtt. Ech wëll op dëser Plaz betounen, an dat ass mir extreem wichteg: Keng Kamera, egal wivill et der sinn a wou se hänken, kann e Polizist um Terrain ersetzen. De menschleche Facteur, de Beamte sur place mat all senger sozialer Kompetenz, sengem Respekt, sengem Fangerspätzgefill, senger Presenz ass duerch keen Outil op der ganzer Welt ze ersetzen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Lamberty** (DP).- Schliisslech steet bei der Policeaarbecht de Mensch, an dat an allen erdenkbare Situatiounen, am Vierdergrond.

D'Videosurveillance bitt eng Hëllefstellung fir d'Police, eng ganz wichteg Hëllefstellung. D'Kameraen ënnerstëtzen d'Police, ersetze si awer net a wäerten dat och ni maachen. Och 20 Kamerae kënnen kee Polizist um Terrain ersetzen, esou wéi och keng aner Mesure dat jee wäert kënnen.

Här President, Kameraen, Videoen a Biller sinn an eiser Gesellschaft eigentlech net méi ewechzedenen. An eise Alltagsliewe begéine mer se ëmmer erëm. An hei schwätzen ech emol net just vun Iwwerwaachungskamerae vun der öffentlecher Hand, mee einfach just vun der Hellewull u Videomaterial a Fotoen, wat sech an alle méigleche Medien a Plattformen sammelt. De Faktor Bildmaterial ass näischt Aussergewöhnlech méi fir d'Leit. Geneesou ass et awer och mat de Kameraen, déi fir eis Sécherheet opgehaange goufen an entre-temps vu verschiddene Plazen einfach net méi ewechzedene sinn. Op der Stater Gare - et ass ugeschwat ginn - gëtt et se schonn zanter 2007. An déi Iwwerwaachungskamerae ginn och vu kengem a Fro gestallt. Se sinn an enger Stad ganz sécher e wichtege Outil, deen d'Police ënnerstëtzt a virun allem hir Aarbecht, wéi ech ugangs gesot hunn, méi effikass mécht. Och d'Bierger hu jo schonn d'Wuert kritt an e Bilan gezunn. A si si gréisstendeels frou an zefridde mat de Kameraen a wëllen, dass se weider bestoe bleiwen.

Ma d'Sécherheetsgefill hänkt de Bierger no net nëmme vun der Kamera selwer of, mee och vu ganz villen anere Facteuren. Ënner anerem vun der richteger Belichtung an de Stroossen an op öffentleche Plazen. An dat ass fir mech eng ganz interessant Konklusioun aus dem Rapport, dee mer virleien hunn.

Här President, am März dëst Joer huet d'Generalinspektioun vun der Police hire Rapport iwwert d'Etüd zu der Effikassitéit vun der Kameraiwwerwaachung virgestallt. De preventiven Aspekt gëtt a bal all Iwwerwaachungszone ernimmt. D'IGP bemierkt awer och ganz kloer, dass den Effekt vun de Kameraen natierlech vun der Zort vun de Strofdoten ofhänkt. während d'Iwwerfall an d'Gewalt op Persounen sech an de concernéierten Zone stabiliséiert hunn, hunn d'Drogendelikter éischter e sougenannten Effet de déplacement. Dat wäerte mer da ganz sécher an der Debatt iwwert d'Drogekriminalitéit méi am Detail kënnen diskutéieren.

Mir müssen awer och der Tatsaach an d'A kucken, dass d'Kameraen u sech net déi eng Wonnerléisung duerstellen. D'Kameraiwwerwaachung verdrängt verschidde Strofdoten, eliminéiert se awer net. Wann zum Beispill eng Kamera iergendwou derbäi installéiert gëtt, hunn d'Strofdoten d'Tendenz, sech einfach op net iwwerwaachte Plazen ze verlagere. Och maskéiert Leit kënnen vu Kameraen natierlech schwéier identifizéiert ginn.

Dat alles si Limite vun enger Iwwerwaachung, déi een awer och realistesch sollt uschwätzen.

Bei dësem Gesetzestext geet et jo och drëm, dass d'Police op Plazen, wou vill Mënschen zirkuléieren, Preventiounsaarbecht ka leeschten. Déi ganz Videosurveillance kriit mat dësem Text e kloer gesetzleche Kader gesat. Och fir Recherche kann d'Videomaterial benotzt ginn, oder fir iwwerhaapt emol Strofdote feststellen.

Här President, wann et ëm d'Videosurveillance am öffentleche Raum geet, muss een awer och iwwert d'Biergerrechter an iwwert d'Fräiheet schwätzen. Jo, et ass heiansdo schwierig, Fräiheet a Sécherheet an Aklang ze bréngen. Et gëllt, dat eent an dat anert ofzeweien. Mir als liberal Partei wëlle sécher

kee „law and order“-Staat. Mir als liberal Partei sti fir individuell Fräiheeten an Eegeverantwortung. Jidderee soll sech kënnen fräi a sécher beweegen. An awer, an dat gehéiert och zur politescher Eierlechkeet derzou, muss ee sech senger Responsabilitéit bewusst sinn an de Courage opbréngen, fir vereenzelt Aschnëtter an eis Fräiheeten ze decidéieren, fir méi Sécherheet fir d'Allgemengheet kënnen ze garantéieren. Déi individuell Fräiheeten an d'Privatsphär vu jidderengem gi mat dësem Text respektéiert, och wann natierlech esou eng Iwwerwaachung ëmmer en Aschnëtt an eis individuell Fräiheeten ass.

E puer Remarken: Mir als DP begrëissen et ausdrécklech, dass déi automatesch Gesichtskennerung ofgeschallt ass an nëmme bei Poursuite vu Verbrische kann zum Asaz kommen. Och falls privat Entréeën oder aner privat Grondstécker am Bléckfeld vun enger Kamera wäeren, ginn déi Detailer maskéiert, fir e Maximum u Privatsphär ze garantéieren. Ech mengen, dass dat e ganz wichtege Facteur ass, deen een och sollt ënnersträichen.

Här President, e klengen awer ganz wichtege Aspekt, op deen ech wëlt ze schwätze kommen - et ass schonn ugeklongen -, ass d'Surveillance vum neie Futtball- a Rugbystadion. Op enger Plaz, wou hoffentlech ganz oft méi wéi 9.000 Leit zesumme kommen, ass et natierlech net esou evident ouni Kameraiwwerwaachung. Falls et do emol zu Rangeleien oder aneren Ausenanersetzungen kënn, sinn d'Kameraen en nach méi wichtege Faktor. A falls et souguer zu engem seriösem Tëscheffall kéim, kéint dat opgezeechent Material spéider och fir Formatiounen an der Police intern benotzt ginn, well et kann een analyséieren, wat een an Zukunft da ka besser maachen, fir dass esou eppes net méi ka virkommen an dass keng Tëscheffäll méi passéieren.

■ **Mme Lydie Polfer** (DP).- Très bien!

(*Interruption*)

■ **M. Claude Lamberty** (DP).- Absolutt.

Doriwwer eraus begréisst d'OP och, dass d'Plazéiere vun de Kameraen net vun uewen erof decidéiert gëtt, mee dass unhand vun enger Analyse d'impact, geleet vum Generaldirekter vun der Police, zesumme mam Procureur d'État, dem Gemengerot an der neier Commission consultative, d'Plaze fir d'Kamerae bestëmmt ginn, ier se da vum Minister autoriséiert ginn.

Bal iwwerflësseg ze betounen ass schonn, dass d'Kameraen an d'Videomaterial nëmme vu ganz wéinege speziell ausgebildete Poliziste vum System VisuPol analyséiert a kontrolléiert dierfe ginn.

Och am Koalitiounsaccord war jo festgehalen ginn, dass d'Sécherheetszonen, déi vun der Police mat Kameraen ausgestatt sinn, op Basis vun Erfarungen, déi gemaach goufen, definéiert ginn, an dass se net elo egal wou opgehaange ginn.

Den Dateschutz, Här President, ass natierlech d'Häerzstéck vun der Debatt ronderëm d'Kameraiwwerwaachung an och dat, wat am meeschten dobaussen diskutéiert gëtt.

D'OP hält den Dateschutz immens eescht a begréisst dofir och, dass d'Donéeën, déi gespäichert ginn, spëtstens no zwee Méint gelöscht ginn. Just wichtegt Material, wou tatsächlech eng Strofdot festgestallt gouf, ka méi laang gehale ginn. Och am Kader vun interne Policeformatiounen kann esou Material logescherweis méi laang wéi zwee Méint benotzt ginn.

De Volet vun der Aus- an och Weiterbildung vun der Police ass eis als DP natierlech ganz wichteg, mat der Betounung dorop, dass d'Privatdonnéeën ëmmer maskéiert musse sinn.

Iwwregens huet och d'CNPD de Projet a hirem zweeten Avis gelueft.

An et kéint ee souguer vläicht nach méi wäit goen. An dat wär tatsächlech déi nächst Etapp: ze kucken, wéi een dat dann nach kéint ausbauen. D'Leit zu Lëtzebuerg solle sech méi sécher fillen, ouni sech awer iwwerwaacht oder beobacht ze fillen. Et gëtt op besote Sécherheetsplazen drop higewisen, dass eng Kameraiwwerwaachung do ass fir d'Sécherheet. Privat Beräicher ginn, wéi scho virdu gesot, net gefilmt. Oder wann et wierklech net anescht geet, ginn dës Beräicher maskéiert.

Wa mer iwwer Kameraen an der Policeaarbecht diskutéieren, muss een awer och d'Theema - a mäi Virriedner, de Léon Gloden, huet dat och schonn ugeschwat - vun de Bodycams kuerz erwähnen. D'Demokratesch Partei ass frou, dass eis Iddi an de Koalitiounsaccord opgehall gouf. Och 2017 schonn hat ech zesumme mat mengem Fraktiounskolleeg Max Hahn eng parlamentaresch Fro zu de Bodycams gestallt. An den deemolege Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Étienne Schneider, hat eis geäntwert, dass d'Kierperkameraen effektiv eng ofschreckend Wierkung an Däitschland gewisen hätten.

Natierlech stinn do nach eng ganz Rei Froen ronderëm den Dateschutz an de Schutz vun der Privatsphär op, notamment wat d'Tounopname betreffen.



Ma et géif d'Police awer an hiner Dokumentatioun vun Evenementer während engem Asaz ënnerstëtzen an hinnen d'Aarbecht virun allem erliichteren. Doriwwer eraus si mir nach der Meenung, dass een déi legal Méiglechkeet sollt ginn, fir de Beamte selwer ze schützen, souwéi och déi involvéiert Persounen. Schliisslech gëtt et Videomaterial, wat an enger spéiderer Ausso kéint eppes beleëen oder och widerleëen. An ech mengen, dass mer mat där doter Debatt nach net um Enn ukomm sinn.

Eng Fro, déi ëmmer wäert bleiwen: Wou kommen d'Kameraen hin? Op wéi eng Plazen, wéi eng Stroossen, a wéi eng Quartieren, a wéi eng Stied, a wéi eng Virstied? Heescht et automatesch, dass no an no de Perimeter, wou Kameraen hänke kommen, méi grouss gëtt? Iwwert d'Quartiersgrenzen oder souguer Gemengegrenzen eraus?

Fir mech sinn dat spannend Froen, well se fir mech och haut nach net ze beäntwere sinn. Wann et als utile ugesi gëtt, dass nei Quartiere videosurveilléiert ginn, kéint dat jo och heeschen, dass mir an e puer Joer vu vill méi Quartieren an och vu vill méi Gemenge vu Videosurveillance schwätzen. An nieft de fixe Kamerae gëtt et jo och nach där mobiller; zum Beispill am ëffentlechen Transport. Jo, et gëtt kaum eng Limit, déi een net an der Theorie kéint depasséieren.

Ech wëll just haut dovir warnen - nach eng Kéier: d'Kamera ass net d'Allheilmittel -, dass een iergendwann vu lauter Beem kee Bësch méi gesäit. D'Kamera soll een Outil sinn, dat der Police hëllef, fir d'Sécherheet vum Bierger ze garantéieren. Dat soll an dierf een net aus den Ae verléieren!

Här President, léif Kolleegen heibannen, ofschléissend géif ech nach eng Kéier bemierken, dass d'Kameraiwwerwaachung sécher keen Allheilmittel ass! Ma se hëllef, Hotspotte vu Kriminalitéit ze entschäerfen a se hëllef, d'Sécherheetsgefill vum Bierger ze stäerken. Kriminalitéit an illegalen Drogenhandel sinn a ganz ville Stied op der Welt e Problem. An do gëtt et net déi eng Moosssnam, déi de Problem géif léisen. Schéi wär et! Op d'Policepresenz kënne mer op kee Fall verzichten! Et kann een et net oft genuch widerhuelen.

Ech freeë mech op jidde Fall schonn op déi nächst Analysen a Resultater vun Ëmfroen. A wie weess, wat mer nach alles wäerten heibannen zu deem dote Sujet diskutéieren.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet a wëll zum Schluss awer och nach der Rapportrice e ganz grouse Merci fir hire schréfflechen, mëndleche Rapport a fir hir Gedold soen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmoos, Här Lamberty. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Merci, Här President. Jo, de Projet de loi, iwwert dee mer haut an der Chamber befannen, ass an eisen Aen, an den Ae vun der LSAP, eng Noutwendegkeet, well et ass wichtig, dass do, wou d'Videosurveillance agesat gëtt, och kloer Reegele festgeluecht ginn.

Genee wéi d'CNPD an hirem Avis et och geschriwwen huet, gesi mer et als LSAP als weesentlech un, dass d'Videosurveillance am ëffentleche Raum fir polizeilech Zwecker eng robust legal Basis soll kréien an dass dat net eleng den internen Dispositionen a Richtlinne vun der Polizei iwwerlooss gëtt.

D'Videosurveillance am ëffentleche Raum ass säit 2007 eng Realitéit op verschiddene Plazen an der Stad Lëtzebuerg. Mir verschléissen eis och net a priori, dass an Zukunft änlech Dispositiven op anere Plazen an der Stad - an et ass jo scho kloer ugedeit ginn -, mee och an anere Gemengen zum Asaz komme kéinten, wann dat och Sënn mécht. Eng Entwécklung fir d'Videosurveillance soll wuel iwwerluecht sinn. Et soll an därer kee „must have“ oder/a „stand-alone“ an der Kriminalitéitsbekämpfung si respektiv ginn.

An deene leschte Joren hu mer weltwäit eng Tendenz gesinn, dës Technologie ze benotzen, fir der Onsécherheet a spezifesche Problemer entgéintzewirken. An d'Videosurveillance, jo, déi rëfft reegerecht eng Faszinatioun ervir. An dat och hei zu Lëtzebuerg. Do si mer keng Ausnam. Mee an eisen Aen ass d'Videosurveillance kee Wonnermittel - esou wéi et emol och heiansdo op verschiddene Säite versprach respektiv och erhofft gëtt. Et gëtt genuch Studien, déi et beweisen. A si huet och eng ganz Rei Risiken.

D'Videokameraen - och dat hu Studie bewisen - am ëffentleche Raum kreéiere ganz kloer eng Iwwerwaachung an och e soziale Contrôle, deen een och kritesch analyséiere muss. Et gëllt och ze kucken, awéiwäit eis fundamental Rechter a Fräiheeten impaktéiert ginn. An et gëtt natierlech och Situatiounen, wou d'Presenz vu Kameraen e subjektivt Onsécherheetsgefill net entkräift, mee verstärkt. Och deem muss ee sech bewusst sinn. An et gëtt hei zu

Lëtzebuerg op spezifesche Plazen e subjektivt Onsécherheetsgefill, dat erfaasst gouf. An dat ass jo och am Sondage vun TNS ILReS bestätegt ginn.

Fir d'Sécherheetsgefill vun deene Befrote selwer spillt d'Videosurveillance zwar keng onwichtig Roll, an eng Majoritéit ass derfir, dass se ausgeweit gëtt. Mee et gëtt awer och eng ganz Rëtsch vu Messuren, déi hinne méi wichtig sinn. Zum Beispill - an dat ass och scho vu mengem Virriedner ugeschwat ginn - eng gutt Beliichtung, eng gutt Visibilitéit op de Stroossen a Plazen, den Entretien vum ëffentleche Raum, Policepatrullen. Also generell alles, wat zum Aménagement urbain gehéiert.

An trotzdem: D'Videosurveillance kann awer fir d'Police e ganz kloert Instrument sinn am Kader vun enger globaler Sécherheetspolitik am ëffentleche Raum, fir hir Aarbecht ze ënnerstëtzen. E puer zousätzlech Aen, déi et a verschiddene Situatiounen erlaben, och kënnen en Ënnerschied ze maachen, do, wou d'Kriminalitéit den Alldag präägt.

Als LSAP denke mer, dass een dësen Outil do soll asetzen, wou et Sënn mécht, wou d'Konditiounen zesummekommen - an dat innerhalb vun engem strikte legalen a konzeptuelle Kader. Well mir dierfen och net vergiessen, dass dës Videokameraen an hir Infrastruktur och eppes kaschten. Se ongeziilt asetzen, wier eiser Meenung no net effikass.

D'Videosurveillance am ëffentleche Raum huet am Fong hir éischt Erscheinung viru gutt 30 Joer gemaach. An et mierkt ee säitdeem net nëmmen, dass et déi meeschtverbreiten Äntwert ass, wat d'Securisation vum ëffentleche Raum ugeet, mee dass et awer och e kloer Shift gëtt, wat hir Utilitéit ass an deen och stattonn huet, vun der initial ugeduechter Preventioun hin zu engem Outil, deen der Police éischter als Ënnerstützung an hiner Aarbecht déngt, fir effektiv Faiten ze constatéieren an och fir iwwert deen dote Wee, déi intern Organisation vun der Police mat hiren Ofleeze ze beaflossen an och ze veränneren an och fir fir d'Justiz eng Hëllef duerzestellen.

D'Sécherheet ass fundamental wichtig. Mee si dierf net op Käschte vun eiser Fräiheet an eise Rechter goen. Dofir gëllt et fir d'LSAP, am Kontext vun der Videosurveillance dee richtigen Equilibre ze fannen an dësen Outil gutt iwwerluecht anzesetzen. An dofir mussen och verschidde Konditiounen erfüllt sinn.

Éischters: Wéi gesot, e legale Kader - dee gi mer eis haut - a Garde-fouen, déi den Asaz vun der Videosurveillance enk encadréieren, an dee souwuel d'Autorisation, d'Notzung an d'Späicherung vun de Biller reglementéiert. Mir musse sécherstellen, dass d'Prinzipien, an och dat ass jo ënnerstrach ginn, vun der Necessitéit a vun der Proportionalitéit respektéiert ginn. An déi verschidden Avisen zu dësem Projet de loi hunn dat ganz kloer ënnerstrach. Dëst Gesetz wäert eis och dat erlaben.

Zweetens muss d'Videosurveillance an e Gesamtkonzept fir d'Sécherheet am ëffentleche Raum agebett ginn.

Drittens brauche mer och wëssenschaftlech Evaluatiounen der Videosurveillance, déi och e faktebaséierten Debat erlaben, an och d'Konsequenze vun der Videosurveillance. 2011 huet d'Etüd Bornwasser schonn d'Wichtigkeet vu wëssenschaftlechen Donnéeën, vum Recueil vu wëssenschaftlechen Donnéeën ervirgehewen. An hei steet dann och d'Fro vun der Effikasitéit am Raum, wou een natierlech och där soll kritesch géint-iwwerstoen.

Här President, d'Videosurveillance huet en Impakt op eis Rechter, zum Beispill den Droit à la vie privée an d'Protection des données. Dat seet och d'Europäesch Cour de justice an d'Cour européenne des droits de l'homme.

D'Videosurveillance, jo, déi kann diskriminéieren an och stigmatiséieren an d'Recht op d'Libre circulation am ëffentleche Raum begrenzen. An op d'Spëtz gedriwwen kann theoretesch all Mouvement vun de Bierger tracéiert ginn am Numm vun hirer Sécherheet, mee schlussendlech och op d'Käschte vun hirer Fräiheet an hirer Privatsphär.

D'Limitatiounen vum Exercice vu fundamentale Rechter a Fräiheete mussen per Gesetz gereegelt sinn an d'Videosurveillance vun der Police ass hei keng Ausnam.

D'Installatioun an d'Benotze mussen objektiv Krittären erfëllen an der Lutte géint d'Kriminalitéit, a sollen net op Basis vu subjektiven Onsécherheetsgefiller vun Eenzelne gemaach ginn. D'LSAP begreift, dass d'Finalitéiten am Gesetz explizit erwänt ginn, fir esou keng Zweifel ze loossen, firwat d'Videosurveillance kann a soll benotzt ginn. Och d'Autorisationsprozedur ass zolidd, héiert verschidde Perspektiven a schützt géint eng Proliferatioun vun onnëtzter Iwwerwaachung.

Ech wëll vläicht och op dës Plaz d'Geleeenheet notzen, fir dem Minister d'Fro ze stellen, wéi eventuell nei Demandé vun anere Gemengen hei géifen integréiert ginn, wëssend, dass den aktuelle Service

vun der Police an der Stad verankert ass. Géif den aktuelle Service ausgebaut ginn oder géif et méi Sënn maachen, dës Service da regional unzesidelen?

Déi nei Commission consultative, déi jo och d'IGP recommandéiert huet, wäert och eng wichtig Roll spillen. Et ass effektiv schonn ugedeit ginn. An hir Aufgab wäert jo ënner anerem och sinn, spezifesch d'Opportunitéit vun der Videosurveillance ënner d'Lupp ze huelen, also ze kucken, ob all aner Moyene keng Léisung bruecht hunn, fir Infractionen ze ënnerbannen. Domat assuréiere mer och d'Proportionalitéit, also ob dësen Agrëff an eis Rechter wierklech néideg ass.

Et schéngt mer awer gradesou noutwendeg ze sinn, sech eng Methodologie ze ginn, fir d'Evaluatioun vum Impakt wëssenschaftlech kënnen ze begleeten. Et gëtt effektiv weening, ganz weening Impaktstudien. Déi am Gesetz ugeduechten Impaktanalys ass deemno maassgebend. D'Fro, déi sech an deem Kontext och stellt: Moosse mer dat, wat mer moosse wëllen?

An et wäert och wichtig si fir ze kucken, wéi een Impakt d'Kameraen eventuell op verschidden Aspekter vum ëffentleche Liewen an der iwwerwachter Zon hätten. Do ass natierlech och de Volet vun der sozialer Aarbecht an dofir och, dass eng sozial Associatioun an där Kommissioun och derbäi ass, net onwichtig.

Mir begreissen och als LSAP, dass d'Gesichtserkennung am Kader vun der Videosurveillance ausgeschloss gëtt. Ze grouss si fir eis d'Bedenken a Saache Privatsphär bei enger Real-Time-Gesichtserkennung, mee och d'Ongenauegkeet vun esou Mëttelen, wéi och d'Etüdewisen hunn.

Wat den Traitement vun den Donnéeën ugeet, kënnen mer mat den Delaie liewen an och mam Dispositif fir d'Opnamen zu Formatiounszwecker - och zu deem solle se jo genotzt a benotzt ginn.

Här President, méi Kameraen heescht net automatesch eng méi sécher Stad. Dat hunn och genuch wëssenschaftlech a kriminologesch Studie bewisen. A mir sollen och do keng ze grouss Erwaardungen hunn. Dofir muss och d'Videosurveillance an eng ganzheetlech, integrativ Sécherheetspolitik fir den ëffentleche Raum agebett sinn, d'Ziler kloer definéiert an och déi néideg Mëttelen zur Verfügung gestallt ginn. E multidisziplinären Usaz ass also hei néideg. Souwisou wäert eng Technologie ni eng mënschlech Interventioun ersetze kënnen. Et muss ëmmer en Zesummespill sinn tëscht Mënsch an Technologie.

Den TNS ILReS-Sondage mag zwar gewisen hunn, dass een dat subjektivt Sécherheetsgefill vun de Leit mat der Videosurveillance verbessere kéint, mee déi meescht eigentlech Problemer, déi d'Onsécherheetsgefill provozéieren an ausléisen, wäerten awer bleiwen. An ech denken do un d'Kriminalitéit en lien mat Drogen an och mat Incivilitéiten.

Dat geet nëmmen iwwer eng global, kohärent Sécherheetspolitik am ëffentleche Raum mat Preventioun, mat enger adequater Sozialpolitik, Integrationspolitik an och Aarmutsbekämpfung, Sozialaarbecht an Interventiounen am Kader vun der Suchtproblematik, awer och eng gutt forméiert Police, déi effektiv och dat néideg Ekipement huet, an awer och de Volet Aménagement urbain. Also déi ganz Komplexitéit, déi ee brauch, fir eng global a kohärent Sécherheetspolitik kënnen ze entwéckelen. An dozou gehéiert nieft der Preventioun och d'Repressioun.

Déi lokal Sécherheetspolitik soll an hiner Konzeptioun a mat hirem Agencement vu preventiven a repressiven Moosssamen also de lokale Spezifisitéite Rechnung droen.

An trotzdem: Wann d'Videosurveillance eng Plus-value ass, mussen mer sécherstellen, dass se och effikass benotzt gëtt. De Rapport vun der IGP weist, dass de VisuPol e bëssen eng, jo, stiefmüterlech Existenz innerhalb vun der Police genéisst. Wa mer dës Technologie zu eise Gonschten notze wëllen, da muss den Dispositif och adequat opgestallt ginn, souwuel um Plang vun de mënschleche Ressourcen an awer och um Niveau vun der Technologie.

Mir gesinn zum Beispill, dass et an de leschte Joren zu ëmmer manner Festnamen en flagrant duerch d'Hëllef vun der Videosurveillance komm ass. Dat mag och verschidde Grënn hunn, mee et mag och vläicht den Ausdruck si vun engem onausgeschöpfte Potenzial. A fir dëst natierlech ze optiméieren, brauche mer dann e verbesserte Service VisuPol. Do ass also nach Loft no uewen.

Um organisatoresche Plang kann d'Recommandatioun vun der IGP, de Service am Organigramm ze verankeren an de Service ze valoriséieren, eng ganz kloer Pist sinn.

An deem Kontext ass et awer och wichtig, eng gutt Schulung ze hunn. Si ass noutwendeg, fir Diskriminatiounen a Stigmatisatiounen, bon, geleet och emol vu Stereotype, beim Ciblage kënnen ze ënnerban-

nen. Subjektiv Perceptiounen kënnen nämlech och hei bei der Videosurveillance zum Virschäi kommen.

Doriwwer eraus kann een och kucken, wéi een den Outil nach méi en direct benotze kann. Hei huet d'Police an der zoustänneger Kommissioun an eisen Diskussiounen erwänt, dass se dat am Kader vun den Drogenoperatiounen och schonn deelweis maachen. Och hei ass d'Recommandatioun vun der IGP interessant: virun allem op der Gare, op anere Plazen, op eng Alternance zréckzegräifen an déi anzeféieren tëscht Terrainsaarbecht an effektiv Kameraiwwerwaachung, also dem Service VisuPol, fir esou Situatiounen besser um Terrain kënnen anzeschätzen, besser kënnen ze erkennen. Och dat ass eng Plus-value vun dësem Outil: en Zesummespill also tëscht Mënsch an Technologie.

An och eng gutt Kommunikatioun ass wichtig. Den TNS ILReS-Sondage huet gewisen, dass relativ vill Leit, virun allem déi, déi nei an e Quartier plënnere, net wëssen, wou d'Kameraen opgehaange sinn. Also och hei eng Saach vun der Kommunikatioun, déi net onwichtig ass.

Här President, et ass wichtig, d'Videosurveillance uerdentlech ze evaluéiere fir ze kucken, ob hir Finalitéiten, also d'Preventioun, d'Recherche an d'Elucidation vun Infractionen och erreecht sinn. Et gëtt hei eng Rëtsch Studien, an deenen ee sech kann inspiréieren - a Groussbritannien, a Frankräich, an Däitschland -, mee déi awer och d'Effikasitéit vun der Videosurveillance kritesch a Fro stellen.

D'Etüd vun der IGP weist och, dass an den aktuelle Zones de sécurité, wou et eng Videosurveillance gëtt, duerchaus och Resultater gouf, wou effektiv verschidde Vollen, verschidden Infractionen konnte gesi ginn an anerer op alle Fall net. Generell kann een awer soen, dass et oft schwéier ass, definitiv - definitiv! - Konklusiounen ze zéien a kausale Lienen ze identifizéieren.

Bei der Oplärung waren d'Billen vun der Videosurveillance an engem Drëttel vun de Fäll, wou Dossierien also och un d'Justiz weitergeleet goufen also eng Plus-value! Ech mengen, dat ass ganz positiv. Dat soll een ënnersträichen. Allerdéngs war dat ganz weening bei der Drogekriminalitéit de Fall.

An och d'Méiglechkeet vun engem Effet de déplacement an deene Quartieren, wou d'Videosurveillance ass - och dat soll een ëmmer am Kapp behalen.

Am Kader vun der Preventioun gëtt et doriwwer eraus awer och Infractionen, déi och ënnert dem Bléck vun der Videokamera stattfanne wäerten an och net stattfanne wäerten, well net all potenziellen Täter d'Käschten an d'Benefisser vu sengem Handeln am Virfeld ofweie wäert. Ech denken hei zum Beispill u méi en impulsivt Verhalen, u méi impulsiv Dote.

Iwwert d'Videosurveillance setze mer eis souwisou an eng Situatioun, wou mer de Bléck op Infractionen halen, déi nach net statfonnt hunn. An hei mussen mer eis och d'Fro stellen: Firwat brauche mer se a wien denge se? Dofir ass et och wichtig, eng kloer Methodologie ze hunn, fir d'Evaluatiounen kënnen ze maachen a fir och, wéi d'IGP et recommandéiert, d'Vergläichswärter an anere Quartieren an d'Spill ze bréngen.

D'Gesetz gesäit vir, all dräi Joer, also bei der Demande de renouvellement eng Evaluatioun ze maachen, wou och d'Commission consultative sollicitéiert gëtt. Dat ass an eisen Ae fundamental wichtig, well do ka sech erausstellen, ob d'Situatioun sech verbessert huet oder ob, en revanche, se weist, dass d'Videosurveillance keen Impakt huet. An och do soll ee sech dann d'Fro stellen, ob d'Videosurveillance am ëffentleche Raum, mat all hire Konsequenzen, nach proportional an noutwendeg ass - also déi zwee Prinzipien, déi och dëst Gesetz prägen.

Här President, wa mer also den Outil vun der Videosurveillance benotze wëllen, dann ass et natierlech och wichtig, dass dat Ganzt gutt iwwerluecht ass. Mir ginn eis iwwert dëst Gesetz eng ganz Rei Prozeduren. Dat Ganzt soll sech abetten an e global a kohärent Sécherheetskonzept. Evaluatiounen si wichtig.

Wann dës Konditiounen erfüllt sinn, denke mer, dass d'Videosurveillance eng positiv Roll am Kader vun der Sécherheet am ëffentleche Raum spille kann. Dofir ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun, net ouni awer der Rapportrice, der Madamm Empain, e ganz, ganz grouse Merci ze soe fir hir ganz gutt Aarbecht.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech soen dem Här Biancalana villmoos Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Hären, d'Kameraiwwerwaachung vun der Police ass en Instrument, mat deem een net liichtfankeg därer ëmgoen. An et ass genau dat, wat mir Gréng maachen. Mir beweegen eis hei näm-



lech an engem Spannungsverhältnis tëscht engem Sécherheitsbesoin, dem Schutz vun der Privatsphär an den elementare Grond- a Mënscherechter. Net wéi bei anere Polizeinstrumenter, wou ee gezielt virgeet, gëtt hei nämlech jiddwereen, deen an engem Perimeter ass, erfaasst. Dat Ganzt mat engem héije Präis - Aschränkung vun de Fräiheitsrechter - an engem héije Käschtepunkt.

Et stelle sech do nämlech eng ganz Partie Froen: Ass manner Kriminalitéit do duerch d'Kameraen? Hëlleft et wierklech a puncto Opklärung? Gëtt d'Sécherheitsgefill vun de Leit wierklech verbessert?

A wann ech grad d'Beispill vun der Gare huelen, do hänke Kameraen zënter 2007, mat enger Extensioun vun 2019. An do kann ee jo elo wierklech net soen, dass mer an deene leschten zwee Joer net méi iwwert de Problem vun der Sécherheet geschwat hätten. A weinst alleguerten deenen dote Froen, vun der Effikassitéit an dem Agrëff an d'Grondrechter vun alle Bierger, muss ee wierklech ganz gutt oppassen, wéi ee mat dem Instrument vun der polizeilecher Videosurveillance ëmgeet.

Fir ons Gréng ass d'Kameraiwwerwaachung ee Moya fir d'Policeaarbecht, wou een awer ganz gutt muss oppassen, well ee ganz wäit geet a puncto Grondrechter an d'Effikassitéit net onbedéngt garantéiert ass.

Mat dësem Gesetz awer fir de VisuPol fanne mer eebe grad eng adequat Äntwert op dat dote Spannungsverhältnis. Mir schafen eng propper Méiglechkeet fir eng polizeilech Kameraiwwerwaachung, do, wou et wierklech Sënn mécht. Mir schafen eng Base légale a mir garantéieren Dateschutz.

An ech wëll a menger Ried op den Historique vun deem Ganzen, vum VisuPol agoen, iwwert d'Effikassitéit schwätzen an iwwert dat, wat an deem Gesetz hei virgesinn ass.

Wann ee sech d'Entwécklung vun dem VisuPol ukuckt, Dir Dammen an Hären, da gesäit een op ganz ville Punkten, dass en eigentlech op wackelege Féiss steet. An dat während Joren, scho bal Joerzénge: souwuel vun dem legale wéi och vun dem dateschutztechnesche Standpunkt hier, souwéi och vun de Froen vun der Effikassitéit. Mee haut reegele mer dat jo.

Et kéint een et eigentlech net méi daitlech soen, wéi d'IGP et an hirer Etüd gesot huet. An ech liese vir: « L'installation de la vidéosurveillance était un choix politique qui devait être justifié à postériori par une analyse de la délinquance de la Police. Ce projet n'est donc pas le fruit d'une réflexion systématique de la part des responsables de la Police sur la délinquance comportant une analyse des coûts et des bénéfices potentiels des caméras de vidéosurveillance par rapport aux autres moyens policiers. »

D'Basis fir d'VisuPol gouf 2007 iwwer eng Ännerung vum Dateschutzgesetz vun 2002 geluecht. Dat Ganzt gouf duerno iwwer Règlement-ministériel an deene verschiddenen Zone festgeluecht. Et war eigentlech e Pilotprojet am Ufank, deen awer Joer fir Joer ëmmer weider verlängert ginn ass.

Mir hu schonn haut de Mëtte geschwat iwwert déi Interpellatioun vum Félix Braz aus dem Joer 2010, wou eigentlech eng Partie Froe schonn opgeworf goufen. Nämlech d'Legalitéit vun där ganzer Saach, d'Verhältnisméissegkeet, d'Effikassitéit. An enger Motioun gouf eebe grad gefrot, fir e Bilan ze maache vu weideren Extensiounen.

Am Joer 2011 gouf dunn och eng Etüd gemaach, nämlech vum Professer Bornewasser - si gouf virduen och scho vum Dan Biancalana genannt -, wou daitlech drasteet, dass et kee kausalen Zusammenhang gëtt tëscht der Entwécklung vun den Delikter an der Aféierung vun der Videosurveillance.

D'Beschafungskriminalitéit ass virun allem do, wou et en Hotspot gëtt ronderëm Drogen. Also muss ee prioritär d'Drogeproblematik an de Grëff kréien. Mee d'Kameraen hëlleften natierlech, fir verschidden Delikter opzeklären. Dat gouf och do festgehalten. D'Kameraiwwerwaachung aleng geet net duer - an dat gouf scho kloer an daitlech an där Etüd gesot -, mee si muss a Kombinatioun mat anere Mesurë gesi ginn.

Dofir huet de Professer Bornewasser and gesot, dass ee reegelméisseg dat Ganzt misst evaluéieren, järelech souguer. Mee bon, an de Joren duerno ass net vill passéiert, wat déi järelech Evaluatioun ugeet. An et ass eigentlech ëmmer esou weidergelaf, Joer fir Joer, mat Verlängerungen.

2018 hate mer dunn awer een neie Moment mam Policeminister François Bausch, dee kloer gesot huet: „Mir maachen elo eng Etüd. Mir froen d'IGP, fir eng komplett Etüd ze maachen, fir ze kucken, wéi et mat VisuPol soll weidergoen, wéi een dat evaluéiere kann a wéi een domadder ëmgeet.“

2019, wéi dunn den Avis vun der CNPD komm ass, gouf eigentlech nach eng Kéier verdäitlecht, dass mer hei legal net ganz richteg géifen dostoan, dass et och Froen a puncto Dateschutz géif ginn an dass besser misst gekläert ginn, wéi d'Police mat deem Instrument ëmgeet. Ab deem Moment war eigent-

lech kloer, dass een och gesetzlech Ännerunge misst maachen.

D'IGP huet och nach eng Kéier duerno eng ganz faktebaséiert Analys gemaach, op déi ech duerno wäert agoen.

Mee mir schafen haut, mat deem neie VisuPolsgesetz, eeben ee kloer gesetzleche Kader, wéi ee mat der polizeilecher Videoiwwerwaachung ëmgeet a mir garantéieren d'Verhältnisméissegkeet.

Bon, Videoiwwerwaachung gëtt et a ganz ville Stied. A ville Stied och wierklech flächendeckend. Ech denken u London, awer och franséisch Stied; Nice zum Beispill. A wann ee sech d'Etüden e bëssen ukuckt, déi et gëtt, och kéint hei elo eng nennen, eng rezent Etüd, wou am Fong 80 Studien zesummegefaasst gi sinn an enger Metastudie, wou iwwer 40 Joer laang gekuckt ginn ass, wat d'Videosurveillance bréngt.

Da gëtt do gesot, dass se duerchaus a bestëmmte Situatiounen kann effikass sinn; zum Beispill a Parkingen, also zouene Raim, wou eng Kamera do ass, wann et drëm geet, dass Autoe geklaut ginn. A Stadzentren, zum Beispill, ass et awer vill méi en nuancéiert Bild. Och do, virun allem an enger proprietätsbezunnener Kriminalitéit, hëlleft se. Bei Drogen ass dat awer e bësse manner kloer, a bei Gewaltdelikter och.

Och déi ganz Fro vun der Verlagerung duerno vun der Kriminalitéit ass net eendeitig gekläert.

Wat op alle Fall wichteg ass, dat ass, dass et keen Instrument ass, wat kann aleng benotzt ginn, mee wat och mat ganz villen anere Mesurë muss zesumme gekuckt ginn: besser Belichtung, méi Police um Terrain, Kontrollen an esou weider.

Eng ganz systematesch Etüd aus England kënnt och zu änleche Resultater. Si soen, dass et net kloer ass, dass de lichte Réckgang vum Onsécherheitsgefill wierklech op d'Installatioun vu flächendeckende Kameraen zrëckzeféieren ass oder ob et net vläicht och nach aner Grënn dofir gëtt.

A Frankräich gëtt et elo eng relativ grouss Etüd vum CNRS, déi och seet, dass et net kloer ass, dass et wierklech preventiv an ofschreckend Effekter duerch d'Kameraiwwerwaachung gëtt.

Ech kommen da bei déi ganz interessant Etüd vun der IGP. Ech mengen, eng Saach, déi ee wierklech muss feststellen, ass, dass d'Police respektiv VisuPol eigentlech iwwer Jore veroléisst ginn ass. An ech mengen, dat ass eppes, wat ee wierklech muss an Zukunft änneren: dass d'Police wierklech déi Moyene kritt - a se kritt déi och elo, dovunner si mer iwwerzeegt -, fir dass se besser mat deem Instrument ka schaffen.

Et geet och kloer draus ervir, dass mer methodologesch Schwaachstellen hunn, wat d'Statistiken ugeet, wat et natierlech net einfach mécht, fir wierklech uerdentlech Vergläicher ze maachen iwwert d'Verlagerung respektiv iwwert d'Delikter, déi passéieren.

Dann d'Fro vun der Effikassitéit: Et kann net ausgeschloss ginn, dass et zu enger Verlagerung kënnt. Si ass am Kader vun där heiter Etüd schwéier gewiescht. Et war schwéier, fir dat feststellen, well d'Evaluatioun ugefaangen huet zu engem Zäitpunkt, wou d'Zonen eigentlech schonn do waren.

Mee, wat d'Etüd och seet: Zënter der leschter Extensioun, déi mer haten op der Gare, hu mer méi Kriminalitéit zu Bouneweg, wat zum Beispill fir eng Verlagerung géif schwätzen.

VisuPol huet awer och gehollef, fir Opklärung ze maachen. Dat muss een och soen! Dat heescht, bei den Infraktiounen, fir se opzeklären, huet et eppes gehollef, fir e Schëllegen ze fannen, fir Beweiser ze hunn. Dat awer virun allem am Kontext vun der Gewalt a vun dem Vol. D'Drogenaffäre konnte stabiliséiert ginn. Mee ass dat elo wierklech weinst de Kameraen oder vläicht well de Policeminister méi Polizisten op d'Gare geschéckt huet, oder duerch d'urbanistesche Verbesserungen, déi mer op der Gare hunn duerch den Tram? Oder rezent Verbesserungen, déi elo komm sinn op der Stroosbuurger Strooss wäerten och sécher derzou bäidroen. Oder well de Policeminister sech Méi gëtt, dass d'Poliziste méi Zäit um Terrain sinn a manner um Büro müssen hunn.

Wat d'Etüd och seet: Mir hu kloer net méi Arrestatiounen, mee éischter ëmmer manner Arrestatiounen en flagrant délit duerch de VisuPol.

Da kommen ech op deen nächsten interessanten Deel vun der ILReS-Etüd, nämlech wou et ëm d'Sécherheitsgefill an der Stad geet. Wou eng Risikoevaluatioun gemaach ginn ass vun den Affer. Also d'Affer goufe gefrot: Wouduerch fillen ech mech am mannste sécher?

An den Top Dräi do: Heescherten, Leit, déi ze vill gedronk hunn, oder Drogendealer oder Drogekonsumenten, déi mech belästegen. Déi dräi éischt Facteuren, déi hei genannt gi sinn, sinn eigentlech Facteuren, wou d'Kameraen net vill hëlleften.

Wat ginn d'Leit dann un, fir hiert Sécherheitsgefill ze verbessern?

Éischtens eng gutt Belichtung, zweetens keng verstoppten Ecker, drëttens d'Propretéit, véiertens méi Policepatrullen. Op nenger Plaz kënnt d'Videosurveillance. Op eeletter Plaz, fir nach e weidert Beispill ze nennen, privat Sécherheitsfirmen.

An och, wann d'Majoritéit vun de Leit - dat soen ech och ganz daitlech - net géint d'Kameraiwwerwaachung ass, esou muss een awer soen, dass et net dat wichtegst Element ass, fir d'Sécherheitsgefill ze verbessern.

Wann ech also zu enger Zwëschenkonschluss kommen: D'Effikassitéit vun der Videosurveillance ass net kloer, mee et ass ee Moya vu villen, dee virun allem och kann hëlleften a puncto Opklärung.

A fir déi Problemer, déi mer elo zum Beispill op der Gare oder zu Bouneweg hunn, ass et ganz sécher net dat eenzeg Element an déi eenzeg Solutioun. Dofir brauche mer e ganzheetlecht, e multidisziplinäert Konzept mat kloren Objektiver a kloer Moyenen. Mir müssen déi Schwaachstellen, déi et bei VisuPol gëtt, verbessern; dat maache mer hei. D'legal Basis verbessern, Dateschutz, Prozeduren, Evaluatioun an esou weider an och kucken, dass d'Police gestärkt gëtt, fir déi Aarbechten ze maachen. Dee Service muss revaloriséiert ginn. Et muss gekuckt ginn, dass d'Formationen besser lafen. An ech denken, si brauchen och daitlech méi Leit hei, fir dee Service hei uerdentlech ze maachen. Dat geet och aus der IGP-Etüd ervir.

Ech kommen da bei d'Gesetz. An ech wëll dofir der Rapportrice natierlech villmools Merci soen.

Wat am Gesetz festgehalten ass, ass, dass mer hei eng Proportionalitéit musse garantéieren. Also, sinn net aner Moyene méi effikass wéi d'Videosurveillance? Ass dat wierklech eng Plaz, iwwert déi mer hei schwätzen, wou et vill Infraktiounen gëtt? Gëtt et e globaalt Sécherheitskonzept respektiv passt et zu engem globale Sécherheitskonzept? An ass et da wierklech opportu, fir eng Videosurveillance ze maachen?

Da muss eng kloer Evaluatioun gemaach gi bei Erweiterungen, déi ëmmer erëm no dräi Joer muss erneiert ginn, soudass dat eigentlech garantéiert ass. An innerhalb vun deem nächste Joer wäerten och déi besteeënd Zone musse reevaluëiert ginn.

Fir déi Impaktetüd ze maachen, gëtt wierklech gekuckt, dass et net eng reng polizeilech Analys ass, mee et ass eng Commission consultative, déi agefouert gouf, wou natierlech d'Police, d'IGP, d'Justiz an esou weider gefrot ginn, mee awer och d'Commission consultative des droits de l'homme, och Acteuren aus dem Sozialberäich oder aus dem kriminologesche Beräich, fir dass mer wierklech déi gant, déi gesamtheetlech Vue drop kréien, fir hei gutt kënnen Decisiounen ze huelen.

An, wat mir perséinlech ganz wichteg ass: De Gemengerot muss och eng kloer Positioun hei bezéien, wat derzou féiert, dass am Gemengerot, déi Plaz, wou d'Eluen aus der Gemeng sëtzen, déi och eng Kéier kloer Positioun kënnen bekennen a soen: Si mir derfir? Mir sinn net derfir. Firwat si mer derfir? Wou den Avis duerno geholl gëtt, deen och gestëmmt gëtt.

Da steet am Gesetz, dass keng Gesichtserkennung hei gemaach gëtt an d'Donnéeën, wa se net anescht gebraucht ginn, no zwee Méint musse gelöscht ginn.

Vläicht nach kuerz zwee Wuert zu den aktuellen Zonen, déi mer hunn, respektiv zu den Zonen, déi an der Diskussioun sinn.

Mir hunn natierlech, wann een den Aldringen elo kuckt, wou mer eng Zon haten, déi kameraiwwerwaacht war, haut eng komplett aner Situatioun do. Ech mengen, et ass eng Plaz, déi urbanistesche extrem opgewäert ginn ass. Si heescht mëttlerweil och Royal Hamilius, net méi den Aldringer. An dat ass natierlech d'Fro: Ass et nach opportu, op esou enger Plaz eng Videosurveillance ze maachen? Ass et do nach verhältnisméisseg?

Och iwwert d'Kinnekswiss kann ee warscheinlech diskutéieren, well et eng ganz aner Situatioun ass wéi zu deem Moment, wéi se agefouert ginn ass. Mee dat si jo dann Debatten, déi mer wäerte féieren an den nächste Joren.

■ **Une voix.** - Ech freeë mech drop!

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Da kuerz iwwert d'Gare respektiv iwwer Bouneweg. Zonen, wéi se elo eigentlech op der Gare agefouert gi sinn, wann ee sech dat ukuckt, huet een heiansdo d'Gefill, et géif een e Schwäizer Kéis kucken, wou verschidden Zonen iwwerwaacht ginn, anerer net, wou ech mech heiansdo froen: Ass dat wierklech effikass? An hu mer do net zum Deel kontraproduktiv gehandelt, andeems mer eng Verlagerung haten op aner Stroossen?

Bouneweg ass scho länger an der Diskussioun. Dat gëtt zënter 2018 wierklech staark gefrot, ass awer net erwidert ginn, och well einfach déi Instrumenter, déi mer eigentlech brauchen an déi mer haut hei schafen, net do waren, fir eng wierklech uerdentlech Analys dovun ze maachen.

D'IGP seet, grad, wat Bouneweg ugeet, dass VisuPol „kéint“ e Plus sinn. Si soen awer och, dass et eventuell Konsequenze kéint hunn op d'sozial Institutionen, déi do sinn. D'Kamerae wäere virun allem beim Vol nützlich, mee bei Incivilitäten oder bei Drogen net. Mee ech freeë mech dann op dat nächste Joer, wou mer, mengen ech, wäerten doduerch, wéi mer dat heite Gesetz elo wäerte schafen, doduerch awer och, dass mer Etüden hu wéi d'IGP, doduerch dass elo aner Acteuren hir Meeunge wäerte soen, kënnen eng Versachlechung vum Debat kréien, dat dank eeben deenen neie Prozeduren, déi mer haut schafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. An ech maachen dat mat engem Saz, deen de Félix Braz virun zéng Joer och an der Chamber scho gesot huet: „Eng Kamera huet nach ni ee festgehall. Eng Kamera ass nach ni gelaf komm, wann ee se geruff huet oder wann een iwwerfall gëtt.“ Eng Kamera ass, par contre, an elo sinn ech bei mengem eegene Saz: Si ass e Mëttel, fir se bei der Polizeiaarbecht anzesetzen, mee d'Kameraiwwerwaachung beweegt sech an engem schwierige Spannungsverhältnis wéi gesot tëscht dem Sécherheitsbesoin, dem Schutz vun der Privatsphär an de Grond- an de Mënscherechter. D'Effikassitéit vun der Videosurveillance ass begrenzt. An et muss een dofir garantéieren, dass se op enger propperer legaler Basis steet an dass den Dateschutz garantéiert ass. An dofir muss se begrenzt a streng gereegelt sinn. Wann eng Kamera opgehaange gëtt, da muss garantéiert sinn, dass mer se och wierklech brauchen, an dass allegueren déi aner Moyenen och agesat gi si respektiv net besser sinn.

Nodeems VisuPol jorelaang op wackelege Féiss stoung, wat den Dateschutz, déi legal Basis ugeet, d'Moyene vun der Police, d'Effikassitéit, d'Prozeduren an esou weider, liwwert elo de grénge Policeminister eng besser an eng gutt legal Basis fir de VisuPol, och wat den Dateschutz ugeet. D'Proportionalitéit an d'Opportunitéit musse garantéiert sinn an dat am Kader vun engem globale Sécherheitskonzept.

Mir huelen Avisen era vu verschiddenen Acteuren, sief et de Gemengerot, awer och déi nei berodend Kommissioun, wou och Sozialaarbechter a Kriminologen dra vertraude sinn. D'Police kritt awer och méi Moyenen, souwuel personell wéi och e kloer Kader. An ier d'Police an d'Spill kënnt, muss fir eis Gréng wierklech garantéiert sinn, dass all aner Moyenen - urbanistescher, sozialpolitescher - och wierklech mobiliséiert ginn.

Dëst Gesetz stellt eebe grad sécher, dass d'Kameraen net de Spillball vun engem sécherheitspoliteschen Iwwerbiddungsconcours ginn. Mir bréngen esou d'Sécherheet vun de Bierger an Aklang mat dem Dateschutz an de Biergerrechter. An an deem Sënn ginn ech heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Benoy. An den nächsten ageschriwwene Riedner ...

(*Interruption*)

Den Här Gloden wëllt fir d'éischt nach eng Fro stellen.

■ **M. Léon Gloden (CSV).** - Ech schwätzen da méi haart ...

(*Problème de sonorisation*)

■ **Plusieurs voix.** - Mir héieren näischt ...

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Et wier gutt vläicht, Här Gloden, wann Der bei d'Pult awer kéimt. Jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Ech léinen lech meng Stëmm.

(*M. Léon Gloden rejoint le pupitre.*)

■ **M. Léon Gloden (CSV).** - Ech si méi bescheiden. Merci. Et geet guer kee Mikro. Dat heescht dann, et geet net.

Ech hunn dem Här Benoy hei elo opmierksam nogelauschert. Ech muss soen, ech ginn am Fong confirméiert an deem, wat ech gesot hunn. déi gréng soen: „Jo, mir wëllen, awer mir wëllen awer net.“ Ech weess elo net méi, nodeem den Här Benoy geschwat huet: Sidd Dir fir eng Videosurveillance, wann d'Konditiounen erfüllt sinn, oder sidd Der net derfir? Dir musst dat eng Kéier de Leit dobausse kloer soen! Et ass net méi: „Jo, awer vläicht, perhabs“. Nee! Et ass Jo oder Nee! Mir stëmmen e Gesetz. D'Konditiounen si kloer. Sidd Dir fir d'Videosurveillance oder net? Dat ass den Debat hei! Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Den Här Gloden, ech géif en extra bieten, fir mer besser nozelauschteren, well ech hunn eng ganz daitlech Äntwert do-



rop ginn! Mir si fir Videoiwwerwaachungen do, wou se wierklech gebraucht ginn. A mat deem heite Gesetz schafe mer e Kader, fir dass mer dat feststelle kënnen. Mir schafen e Kader derfir, wou eng reegelméisseg Evaluatioun gemaach gëtt, eebe grad an deem Spannungsverhältnis, wat ech genannt hunn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Benoy. An da wier et elo um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Entschëllegt, ech wollt just soen, ech hunn zwee Mikroen. Wann een e Mikro brauch.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Jo. Hei, ee Moment nach, Här Kartheiser, d'Madamm Oberweis wëllt och nach eng Fro stellen.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Nee. Entschëllegt, Här Kartheiser, ech wollt just soen, dass ech zwee Mikroen hei stoen hunn. Wann een ee Mikro brauch. Ech weess net, firwat ech der zwee hunn, mee wann een ee brauch, soll e sech hei zerwéieren. Pardon, Här Kartheiser!

■ **M. Léon Gloden (*CSV*)**.- Si ginn erëm. Si ginn erëm, Här President!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Sou, ech mengen, Här Kartheiser, elo ass et awer un lech.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt och ufänke mat engem Merci un d'Madamm Empain fir hire Rapport, dat war ganz interessant.

An ech wëlt dann do virumaachen, wou den Här Gloden elo seng Fro gestallt huet. Well, ech mengen, ech hu mer och eng kleng Ried hei, e puer Stéchwierder virbereet, mee dee Punkt wor awer ganz richtig, well mir hu jo gesinn, wéi d'Koalitionsparteien hei der Rei no optrieden: D'LSAP kënn a mécht ee wëssenschaftlechen Discours e bëssen, fir dat Ganzt ze subliméieren. An da kommen déi gréng an déi obnubiléieren, déi entschëllege sech praktesch hei oder probéieren de Wee ze fannen, fir dat do iergendwéi virun hirem Elektorat ze justifiéieren.

An et ass ëmmer déi selwecht Fro: Wou stinn déi gréng? Sti se op der Säit vun deenen, déi Affer sinn, oder sti se op der Säit vun deenen, déi d'Verbriecher sinn? Wësst Der, fir eis ...

(*Interruptions*)

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics***.- Här President, dat do ass inakzeptabel, dat doten!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- ... fir eis ...

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics***.- Et ass inakzeptabel, wann een esou eppes hei vun engem Deputéierte muss gesot kréien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- ... als ADR ass ganz kloer, dass eise Punkt, ...

(*Brouhaha général*)

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics***.- Dat ass jo net méi normal, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- ... eise Punkt, ...

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics***.- ... wat een hei muss nolauscheren!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- ... eis Impaktetüd, ...

■ **Une voix**.- Här President, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- ... dat ass d'Affer!

(*Brouhaha général*)

Et ass dat, wat eis interesséiert! D'Affer! An den Impakt, dat ass jiddereen, dee seng Auer ewechgerappt kritt, jiddereen, deen eng Ketten ewechgerappt kritt, jiddereen, dee vum Trottoir gestouss gëtt. Dat sinn déi Leit, déi eis un éischter Plaz interesséieren. An dat ass do, wou mir eis Politik ufänken, dat ass de Schutz ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Kartheiser, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- ... vun de Leit.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- ... ech wëll lech drop opmierksam maachen, dass, wann Der nach esou Accusatioune maacht, wéi Der virdrun ugefaangen hutt, ech lech dann direkt wäert d'Wuert entzieën. Här Kartheiser, Dir därft elo weiderfueren!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Dat ass eng politesch Fro. Dat wor keng Accusatioun, dat wor eng politesch Fro!

■ **Une voix**.- Hohoho!

(*Interruptions diverses*)

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Well et huet ee wierklech den Androck, dass hei wierklech also d'Prioritéite bei de Regierungsparteie falsch leien. An eis Prioritéit ass de Schutz vun de Leit, déi Affer vu Verbrieche sinn.

A mir si kloer fir d'Videosurveillance! Se schaaft méi Sécherheet, se schaaft Ofschreckung, e bessert Sécherheetsgefill. An natierlech ka se d'Polizisten net ersetzen! Dat ass jo evident. Och net iwwregens eng Kontributioun vu private Sécherheetsfirmen, déi och kann, wa se gesetzlech ofgedeckt ass, selbstverständlech eng gutt Kontributioun leeschten.

An et ass och kloer, dass et muss een Zesummespill sinn zwësche Staat a Gemengen, zum Beispill wat d'Beliichtung ugeet oder Mobilier urban. Och dass hei scho gesot ginn.

An d'Videosurveillance war vernoléisseg! An do kommen ech nach eng kéier op dee Punkt. Wësst Der, éischstens an der Police selwer ... an do si jo awer déi Ministeren, déi d'Verantwortung hu fir d'Police, déi hu jo awer och eng Matverantwortung, dass an der Police selwer dee VisuPol net genuch organiséiert war! Si si jo awer d'Cheffen u sech vun deene Betriber. Wéi ass dat da méiglech, dass do karriärméisseg, organigrammémisseg d'VisuPol net mat ageplangt war? Wann ech responsabele Minister vun enger Administratioun sinn, këmmerech ech mech jo och mat dorëm.

Wéi ass et méiglech, dass 2018, wou dat neit Policegesetz gemaach ginn ass a gläichzäitig och déi nei europäesch Reglementatioun koom iwwert de Schutz vun der Privatsphär, vun den Donnéeën an esou weider, dass dat net matenee geduecht ginn ass? Datt mer säit 2018 an enger Rechtsensécherheet liewen, wat d'Videosurveillance ugeet? D'ADR hat net de Minister. Wien hat de Minister 2018? Gambia!

Wéi ass et méiglech, dass dat hei esou laang gedauert huet? Vun 2018 bis 2021! An et ass a verschiddenen Interventioune gesot ginn: „Wann d'UEFA elo net Drock géif maache wéinst dem Futtballstadion“, da wësse mer net, ob mer haut iwwerhaapt hei géife stoen, fir iwwert d'Videosurveillance ze schwätzen! An et ass och dat, wat eis interpelléiert: Wéi ass dann de Wonsch vun dëser Regierung fir de Schutz vun den Affer, wann hei gesot gëtt: „Jo, et ass d'UEFA, déi eis dozou opfuert?“ Wou ass Är Prioritéit? Ëmmer erëm déi selwecht Fro.

(*Interruption*)

Wësst Der, mir hätte gär, dass déi Iwwerwaachung eescht geholl gëtt. An Dir hutt Recht: Et gëtt Risiken! Dat gesi mir och. D'Privatliwien, Beweegungsfräiheet, dat si Risiken. An dass se hei am Gesetz ugeschwat ginn, fanne mir ganz richtig. Mee mir hunn déi selwecht Fro als ADR gestallt, déi selwecht Problemer beim État de crise. An den Ënnerscheid ass: Wann d'Police hei potenziell Agrëffer mécht a Beweegungsfräiheet oder an änleche Saache wéi Privatliwien, da gëtt gesot: „Dat muss direkt kënnen kontrolléiert ginn“, „do mussen da juridictionnel Recourse méiglech sinn“ an esou weider, wat richtig ass, wann d'Regierung et mécht am État de crise! Do hu mir gefrot, dass dat agefuert gëtt ..., grouss Retizienz. Nee! Et ass ëmmer an eisen Aen, wann d'Privatliwien, d'Beweegungsfräiheet an esou weider vun de Leit a Gefor ass, dass de Bierger sech muss kënnen wieren, ob dat vun der Police ass oder vun der Säit vun der Regierung.

Et gëtt där Kritikpunkte vill. Et ass wierklech ... Dat Éischt ass emol, dass muss cibléiert sinn, selbstverständlich. A mir wëllen net, dass de Crime e Virsprong huet géint iwwer der Police! Dat heescht, et muss ëmmer gekuckt ginn: Wat ass un technesche Mëttele méiglech? Selbstverständlech muss dat och encadréiert ginn. An et muss och gekuckt ginn, dass mer deen anere gesetzleche Kontext ëmmer hunn. Ech denke just un d'Vermummungsverbu. Mir hunn elo d'Masken. Gutt, dat ass hoffentlech jo geschwënn eriwwer. Mee mir hunn och als ADR zum Beispill ëmmer iwwer Burka an Nikab an esou weider geschwat. An et gëtt keen allgemengt Vermummungsverbu hei am Land. Mir hätten dat awer gär! Well natierlech ass d'Videosurveillance net effikass, wa Leit sech därfe vermummen.

Mir hätten och gär, dass déi Resultater vun der Videosurveillance a Statistiken an esou weider erfaasst ginn, Täterprofilen erstallt ginn, selbstverständlich anonymiséiert, mee dass mer déi Resultater och kënnen soziologesch verwäerten.

Dat Gesetz ass ganz limitativ. An hei komme mer erëm op dee Punkt, dass eigentlech Gambia dat net richtig wëllt! An ech bleiwen derbäi! Well mir hunn esou vill Restriktiounen an deem Gesetz!

Amplaz einfach ze soen: „Mir kucken, dass mer d'Sécherheet vun de Leit verstärken“, gëtt et Restriktiounen. Zum Beispill: Et mussen „infractions pénales d'une certaine gravité“ sinn. Wat heescht dat? Ratione loci: Et musse Plaze sinn, wou e „risque particulier“ besteet. Jo, mat Ärer Politik ass dat ganz Land geschwënn eng Zone à risque particulier!

An dann heescht et och nach: Et muss sech erausgestallt hunn, dass alles anescht ineffikass ass. Mee dat ass eng Testphas op d'Käschte vun de Bierger! Well wann Der wëllt feststellen, dass all aner Methoden ineffikass sinn, dann hutt Der dat jo

getest op d'Käschte vun der Sécherheet vun de Leit - fir eis inakzeptabel.

Da gëtt geschwat hei vun där Commission indépendante, fir dat ze maachen. An dat gëtt zréckgefuert op eng Motioun, déi de Kolleg Félix Braz den 8. Juni 2010 hei abruecht hat. Mee et ass net esou gewiescht! Och dat wëll ech kloer soen. Déi Motioun, déi war punktuell. Dir hutt gesot: „Eng Evaluatioun soll gemaach ginn iwwert d'Effikassitéit vun der Videosurveillance duerch eng onofhängeg Kommissioun.“ An dat sollt gemaach gi virum 10. November 2009. Dat wor e punktuellen Optrag! Dat wor awer elo net e wäisse Scheck do, e Chèque en blanc, fir elo kënnen ëmmer eng Commission indépendante anzesetzen, fir permanent dass ze iwwerpräiwen.

Et ass eigentlech e Mësstraue géint d'Police, wat Gambia hei weist a wat mer a ville Beräicher erëmgessinn, dass ëmmer probéiert gëtt, onofhängeg Kommissiounen baussent der Police an esou weider ze schafen, fir eigentlech do nach en Afloss ze huelen. Och d'Police selwer kéint an hire Evaluatioun Mënscherechtskommissiounen froen. Kontakt mat der Société civile huet se souwisou. Mee et ass eng Tendenz zur Bürokratiséierung. An et ass och ëmmer erëm dee Reflex, fir der Police net ze trauen.

Mir hunn deen net als ADR! Mir trauen der Police! A mir géifen net Honnerttausende Kommissiounen niewelaanscht asetzen, fir déi ze kontrolléieren. Et ass bürokratesch.

Déi Kommissioun ..., et steet och net am Gesetz, wéi déi zesummegeat ass. Och dass an eisen Aen en Nodeel.

Datt d'Reconnaissance faciale net méiglech ass, dass ass u sech eng gutt Saach. Et muss ee just kucken, wéi sech d'europäesch Legislatioun entwéckelt, notamment op de Baussegrenzen. Dat muss een nach kënnen weider verfolge. Mee mir denken och, dass een do muss ganz gutt oppassen, fir dass de Bierger do seng Fräiheitsrechter absolutt ka behalen.

D'Initiativ, fir Videosurveillance anzeféieren, déi muss och kënnen vun de Buergermeeschteren ausgoen. Dat ass eng Kritik, déi och vum Syvicol virbruecht gouf. An dat ass eng, déi ass berechtigt! Och de Buergermeeschter muss kënnen d'Initiativ huelen, fir ze soen: „Hei, ech hätte gär a menger Gemeng déi an déi Zon, dass do gekuckt gëtt, ob eng Videosurveillance méiglech ass.“ Gradsou wéi an der Stad Lëtzebuerg och zousätzlech Zone sollen envisagéiert ginn.

Mir hunn och gesinn an der Interventioun vun deene Gréngen, wéi retizent se sinn! An do soe mir allkéiers: Dat ass Retizienz, jo, awer op d'Käschte vun de Leit! An dat ass fir eis einfach net akzeptabel! Mir wësse jo, wéi et ass hei an der Stad. Et brauch ee just all Dag d'Zeitung ze liesen. An dann huet, ech mengen, den Här Benoy hat opgezielt, wat d'Leit do an der ILReS-Etüd als Sources d'incertitude ugi fir sech. Dat wor: d'Heescheleit, d'organiséiert Heescherei, d'Drogekriminalitéit. Mee, dass ass jo awer eng Konsequenz vun enger Regierungspolitik! Dat si jo keng Problemer, déi mer net kéinte léisen. Dat si Problemer, déi ee mat deem néidege politesche Wëllen absolutt kéint léisen. A wann Der da sot: „Jo, mee dat huet mat de Kameraen näischt ze dinn“, ma da paakt déi Problemer un! Mat deene Méiglechkeeten, déi Der politesch, legislativ an och aner, repressiv hutt, fir déi Problemer aus der Welt ze schafen. Dat ass absolutt méiglech. Et feelt lech einfach u politeschem Wëllen.

Mir sinn als ADR ganz kloer fir d'Videosurveillance, well mer gär d'Sécherheet vun de Leit verbessern. Ech soen lech awer och, dass mer eis bei dësem Gesetz wäerten enthalen, well et eis einfach net wäit genuch geet. Et geet eis net wäit genuch, well, ...

(*Interruptions*)

...well mir hu jo gesinn, dass Der hei Testphasen aplangt op d'Käschte vun der Sécherheet vun de Leit. Zum Beispill: „Alles anescht muss ineffikass gewiescht sinn.“ Well Der dat Mësstraue géint iwwer der Police hutt. Well Der déi Retizenzen hutt. Amplaz frou ze sinn, dass mer hei en Instrument hunn, wat kann zur Opklärung vu Verbrieche agesat ginn, wat de Schutz vun der Police erhéicht, wat wierklech eng ganz Rei positiv Wirkungen huet. An déi wëllt ee gesinn an net ëmmer nëmmen déi potenziell Risiken. Déi gesäit een och, awer et muss ee Prioritéite setzen. Eis Prioritéit ass Sécherheet am Interess vum de Bierger!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fred Keup (*ADR*)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert un den Här François Benoy fir Fait personnel.

■ **M. François Benoy (*déi gréng*)**.- Jo. Merci, Här President. Ech wëll awer nach eng kéier op dat zréckkommen, wat den Här Kartheiser elo am Ufank gesot huet vu senger Ried, nämlech, dass déi gréng géifen op der Säit vun de Verbrieche stoen. An dat ass wierklech eng Frechheet éischter Klass, esou eppes!

■ **M. Fred Keup (*ADR*)**.- Dat ass net gesot ginn!

■ **M. François Benoy (*déi gréng*)**.- Mir verlaangen dofir eng Entschëllegung.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Benoy. Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Also, éischstens hunn ech déi Fro gestallt. An ech hunn net gesot, et wär esou. Dofir brauch ech mech net ze entschëllegen. Awer et ass eng Fro, déi ech mer aus ganzem Häerz stellen, wann ech Är Politik kucken, ob Der wierklech de Wëllen hutt, géint d'Verbrieche, géint Leit, déi hei illegal sinn, fir hei Verbrieche ze maachen, an dësem Land virzegoen.

A menger Iwwerzeegung no - menger intimer, privater Iwwerzeegung no, fir déi ech mech net kann an net wëll entschëllegen - hutt Dir einfach weeder de Wëllen nach d'Kraaft, nach iergendwéi d'Initiativ, nach d'Imaginatioun, déi Der braucht, fir géint Verbrieche virzegoen. Dir sidd einfach als Gréng net kapabel, fir d'Police, fir d'Justiz oder iergendeng Verantwortung hei am Staat fir d'Sécherheet ze iwwerhuelen!

■ **M. Fred Keup (*ADR*)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Kartheiser, jiddefalls halen ech fest, dass d'Tonalitéit vun Ären Aussoen am Ufank vun Ärer Interventioun net an der Rei war. Ech géif elo d'Wuert weiderginn un d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Merci fir d'Wuert. Kolleeginnen a Kolleegen, entschëllegt mech fir virdrun. Ech sinn net ëmmer ganz un déi Formalitéiten hei gewinnt: Wéini därft een d'Wuert huelen a wéini net? Ech hunn et gutt gemengt mam Mikro.

(*Hilarité*)

Säit Méint dominéiert elo nieft Corona eng Debatt iwwert d'effentlech Sécherheet, déi net ëmmer ganz glécklech an objektiv ass. Ech si mer bewosst, dass dat hei Gesetz, dat den Asaz vun der Videosurveillance soll reegelen, scho virun deem ganzen Tammtamm deposéiert gouf, mee de Kalenner oder den Zoufall hunn elo gemaach, dass och dëst Gesetz net mat kalem Kapp wäert debattéiert a gestëmmt ginn. Mir fannen dat schued.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Kameraiwwerwaachung gëtt also elo an d'Policegesetz opgeholl, fir dass se eng sécher legal Basis huet. Am Gesetz stinn och d'Krittären, déi definéieren, ënner wéi enge Konditiounen ee Videosurveillance op bestëmmte Plazen därft asetzen. D'Gesetz definéiert och, wéi eng Prozedur muss sinn, déi eng Demande fir d'Kameraiwwerwaachung muss respektéieren.

Da seet d'Gesetz nach, dass d'Reconnaissance faciale ausgeschloss ass. Wat jo fir eis op jidde Fall een absolute Minimum ass. Dat ass och alles schéin a gutt, wann ee mengt, dass „law and order“ an Iwwerwaachung d'Léisung vun eise Problemer sinn. Mir vun déi Lénk sinn op jidde Fall net där Meinung.

Mir froen eis, wat d'Videosurveillance wierklech bréngt. An hirem Rapport iwwert d'Effikassitéit vun der Videosurveillance vu Februar dëst Joer schreift d'Police, dass d'Kameraiwwerwaachung een Instrument vu villen ass am Kampf géint d'Delinquance.

(*M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.*)

Wat awer virun allem aus deem Rapport ervirgeet, ass, dass d'Police iwwerhaapt guer net déi néideg Ressourcen huet, d'Ressources humaines virun allem, fir déi Videosurveillance effikass a reegekonform ze maachen an ze encadréieren. Obwuel de Service reegelméisseg dorop opmierksam gemaach huet, wéi och aus dem Rapport ervirgeet, ass ëmmer nëmme gleplichtert ginn. Et gouf ni wierklech eng Formatioun fir déi Leit, déi am VisuPol-Service geschafft hunn. An dat soll ee sech jo och emol op der Zong zergoe loosse, well déi Leit jo awer mat sensibelen Donnéeën schaffen.

Da liest een och nach an deem ganz interessante Rapport, dass d'Kameraen net géint all Form vu Kriminalitéit e preventiven Effet hunn an dass, well zum Beispill net genuch geschoult Personal do ass, et kaum Fall gëtt, wou een Täter in flagranti, also op frëscher Dot, ertappt gëtt. Wéi dee System agefuert gouf, war awer genau dat d'Zil, an zwar d'Preventioun.

Da feelt et och un Informatiounen, fir iwwerhaapt ze wëssen, ob d'Videosurveillance effikass ass. Well déi Zonen, déi iwwerwaacht ginn, net verglach ginn, wat d'Kriminalitéit ugeet, mat deenen net iwwerwaachten Zonen, déi direkt niewendru leien.

Wat soen d'Zuele vun der Police? Ma, dass d'Kriminalitéit proportional mam demografesche Wuessstem zougeholl huet an dass do d'Videosurveillance u sech näischt dru géinnert huet.

Här President, mir Lénk kréien an dëser Debatt ëmmer virgeworf, op Kuschelkurs ze goen oder de Phänomeen vun der Kriminalitéit net eescht ze huelen. Ech loosse dëse Reproche net gëllen. Mir ba-



séieren eis Analys op Fakten, an net op Gefiller. An et geet eis och net drëm, eng Debatt ze benotzen, fir bëllege Populismus ze bedriewen, mee dorëm, d'Situatioun wierklech nohalteg ze verbesseren.

Mir sinn eis nämlech bewosst, dass et Plaze gëtt am Land mat dëse Problemer. Dat ass evident. Ech selwer wunnen an engem Quartier, deen an deene leschte Méint beschriwwen gouf, wéi wann et do bal wéi an engem Krichsgebitt géif zougoen. An, jo, et gëtt Problemer. Mee esou schlëmm, wéi et zum Deel duergestallt gëtt am ëffentlechen Debat, ass et net.

Mee komme mer zrëck op dee gudden Rapport vun der Police. Do fënnt een nämlech och e Sondage, deen Der sécherlech och gesinn hutt - op der Sait 71 bis 74 gesäit een deen -, an deem d'Leit aus deene betraffene Quartiere gefrot goufen, wat hiren Meinung no kéint d'Sécherheetsgefill verbesseren. An do gëtt et spannend. Ech maachen dofir emol hei eng kleng Lëscht vun deem, wat d'Awunner als ganz wichteg emponft hunn, fir hiert Sécherheetsgefill ze verbesseren.

Op éischer Plaz steet d'Stroossebeliichtung. Ech widerhuelen: d'Stroossebeliichtung! D'Leit fülle sech also méi sécher, wann hire Quartier gutt belicht ass a wa se also iwwerall zu all Moment kloer gesinn, wat ronderëm si passéiert. Nummer 2: De Quartier soll esou amenagéiert ginn, dass en eng gutt Visibilitéit bitt. Et sollen also keng verstoppten Ecker ginn a keng donkel Plazen. Op drëtter Plaz sti méi heefeg Policepatrullen.

Wat wëllen d'Leit eis hei soen? Ma dass de Kontakt zu wierkleche Mënschen - Polizisten, déi gutt forméiert sinn, an dësem Fall - net duerch d'Videosurveillance ze ersetzen ass an dass et do ëm hiert Sécherheetsgefill eebe geet.

Op véierter Plaz steet den Entretien, also d'Propretéit vun de Stroossen a vum Mobilier urbain. Op fënnefter Plaz fënnt een dann d'Proximitéit zu engem Policekommissariat. D'Videosurveillance steet op der Plaz Nummer 7 (veuillez lire: Plaz Nummer 9).

Wann ech dat esou liesen, entdecken ech ee gemeinsamen Nenner. An ech mengen, et muss ee kee Genie sinn, fir deen Nenner ze fannen. Et ass eng Fro vu Visibilitéit. D'Belichtung, déi mécht, dass ee gutt gesäit. Entretien a Propretéit, déi maachen, dass de Quartier gutt ausgesäit. E Quartier, deen esou amenagéiert ass, dass een alles gesäit. D'Presenz vu Polizisten an engem Kommissariat, déi een och gesäit. D'Leit wëllen also gutt gesinn an net onbedéngt vu Kamerae gesi ginn!

Här President, bis op d'Presenz vu Poliziste sinn déi Saachen all ganz licht ëmzesetzen a si kaschte weeder de Staat nach d'Gemeng vill Suen.

Mir wëssen och, dass de Staat säit zwee Joer eng grouss Campagne lafen huet, fir méi Polizisten anzustellen. Mir ënnerstëtzen dat och. Mee mir wëssen awer och, dass dës Efforten, déi do gemaach ginn, net duerginn, well d'Police bräicht haut ongeféier 1.000 Leit méi, fir hir Aarbecht kënne gutt ze maachen.

Da kann een och d'Policepatrullen ze Fouss duerch de Quartier schécken. Policepatrullen, déi de Quartier a seng Leit kennen, déi wëssen, wat d'Problemer sinn, an déi gutt ausgebild ginn, déi also no un de Leit sinn. Et brauch een eng Aart Quartierspolice, déi de Quartier a seng Leit kennt. Mee dofir brauch d'Police Leit. An zwar Leit, déi gutt ausgebild sinn, fir déi wichteg Terrainsaarbecht kënne ze maachen.

Da mengen ech och nach, dass mer onbedéngt müssen iwwer d'Preventioun schwätzen, wa mer vu Kameraiwwerwachung schwätzen. Firwat iwwerhaupt? Géint wéi ee Phänomene kämpfe mer iwwerhaupt hei un? An zwar d'Kriminalitéit.

Wat stécht hanner der Kriminalitéit? Firwat gi Mënsche kriminell? Dat hu mer elo hei guer net ugeschwat. An ech fannen dat immens schued. Mir hunn d'Ursaache vun deem Phänomene net ugeschwat. D'Drogekriminalitéit, d'Ursaache vun der Drogekriminalitéit an eeben och - an et ass mer ganz wichteg, dat ze soen - dee Perspektivmangel, dee ganz oft hannendrustéicht fir Leit, déi „kleng Fësch“ genannt gi vun der Police, déi an dem Drogekriminalitéitsberäich aktiv sinn. An ech mengen, dovunner hu mer elo guer net geschwat.

An da wéilt ech nach eng Remark maachen. Et war och elo rieds vun illegale Leit. Illegal Leit si keng Krimineller! An ech mengen, dat ass ganz wichteg ze soen. Do muss een definitiv den Ennerscheed maachen. Wéi gesot, Preventioun wier hei och e Volet, deen een onbedéngt misst uschwätzen.

E lescht Wuert just: D'Kameraiwwerwachung ass also net d'Léisung. Wann een der Police nolauschert, héiert een, dass d'Police Leit brauch an Zäit, fir déi Leit esou ze forméieren, dass se prett sinn, fir op den Terrain ze goen. Wann een den Awunner nolauschert, dann héiert een, dass se ganz einfach Saache froen, déi méi Liewensqualität an hire Quartier bréngen. Ganz weineg Leit free privat Sécherheetsleit. Ganz weineg Leit froen eng massiv

Iwwerwachung. A ganz weineg Leit froen also och déi „law and order“-Politik, déi hei gemaach gëtt.

Firwat lauschtere mer also net ausnamsweis op déi betraffe Leit an huelen dat eescht, wat si soen, am-plaz vill Geld an en Dispositif ze stiechen, deen och vill Leit brauch, fir ze fonctionéieren, an deem seng Plus-value méi wéi zweifelhaft ass? Ech mengen, et ass also kloer aus menger Ried ze verstoen, dass mer de Projet net matstëmmen.

Merci.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Här President, kann ech eng Fro stellen, wannechgelift?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ech gesinn net, a wat fir engem Zenario mer sinn. Dir kënnt jo jiddwer Zäit d'Wuert ergräifen.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Ben, ech weess net.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Dir sidd net ugeschwat. Madamm Oberweis ...

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Gelift?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Den Här Keup wollt lech eng Fro stellen.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Jo, hie ka mir eng Fro stellen. Jo.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Wann Der erlaabt!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Et hânt awer un lech.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Et muss net sinn.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Hie ka mir eng Fro stellen. Natierlech.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Da fuert emol duer! Awer zum Sujet!

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Jo. Haha!

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Ech hoffen, ech hunn eng Äntwert!

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Ech schwätzen elo net iwwer d'Déierewelt, Här President.

Ma da merci awer. Dann ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Wann Der wëllt opstoen.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Jo, ech wollt hei liesen duerfir. Mee ech stinn awer op, Dir hutt Recht.

D'Madamm Oberweis huet gesot: „Esou schlëmm ass et net.“ Ech muss awer hei soen, viru fënnf Deeg hunn ech hei nach Recommandatioune gelies, déi d'Police erausginn huet. Ech erënneren drun, dass virun e puer Méint schonn eng Kéier ze liese war, dass d'Police gesot huet, d'Frae sollen owes net eleng erausgoen. Hei schreiwe se da Recommandatioune wéi: « Gardez votre sac toujours fermé. », « Attention si vous sortez votre portemonnaie. », « Gardez toujours un œil sur votre veste et vos sacs. », « Ne vous laissez jamais toucher par des inconnus. », « Soyez attentif! » an esou weider an esou fort.

Also ech mengen, dat ass jo awer elo vun der Police. An da froen ech mech einfach: Wann d'Situatioun net esou schlëmm ass, firwat gëtt d'Police da permanent esou Recommandatiounen eraus, wéi: „Oppassen ... nuets, an hei an do, net eleng sinn“?

Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Also, Här Keup, dat do war u sech keng Fro un d'Madamm Oberweis.

(Interruptions)

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Brauch ech net ze äntwerten, oder wéi?

■ **Plusieurs voix**.- Nee.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Da brauch ech net ze äntwerten, oder wéi?

■ **Plusieurs voix**.- Nee!

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Ech bleiwe bei menger Ausso. Ech bleiwe bei menger Ausso: Ech wunnen zu Bouneweg ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Also, ech mengen, dat sinn Empfehlungen, Madamm Oberweis. An ech mengen, Dir braucht lech net ugesprach ze fillen.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Mir kënnen eis gär herno doriwwer ënnerhalen, Här Keup.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Dir hutt näischt Falsches gesot.

Sou! Ech géif dann als nächst dem Här Goergen d'Wuert ginn.

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Här President, d'Iwwerwachung ass jo ee vun eise piratesche Liblingstheemen, wou mir eis als Aktiviste fir den Dateschutz verstinn. An eisem Programm 2018 hu mir Piraten eis kloer géint en Ausbau vun der Videoiwwerwachung ausgeschwat.

Mir Piraten wëllen net an enger Welt liewen, wou mir op Schratt an Tratt wäerten iwwerwaacht ginn,

wou ee selwer ni géint e Gesetz verstouss huet, mee een iwwerwaacht gëtt, well de Staat oder seng Politiker denken, et géif ee vläicht kriminell ginn. Ass dat d'Vertrauen, dat dës Majoritéit an d'Bierger vum Land huet? De Bierger ze iwwerwaachen am ëffentleche Raum per Kamera, schéi gespäichert an HD. Dat ass d'Vertraue vun de Kontrollparteien, awer net vun eis Piraten.

Elo fänt ee mat e puer Kameraen un. Da kommen déi Parteie mam Kontrollzwang a soen: „Do an do brauche mir och nach Kameraen!“ Dat wäert eng Geschicht ouni Enn ginn. Vlächicht ass de Schluss erreecht, wann am ëffentleche Raum keen Zentimeter méi ass, wou een net vun alle Säite gefilmt wäert ginn. An dann? D'Kriminalitéit wäert awer net verschwannen.

Wat ass den nächste Step vun der Kontroll? Doheem eng d'Kamera an der Stuff, dass een do näischt Illegales ka maachen? A jo, do ass de Staat jo ewell mat Staatsstrojaner, mat dem Smartphone, mat der Vorratsdatenspeicherung. Do setze sech déi etabléiert Kontrollparteie jo ewell duerch.

Mir Piraten wëllen net eng Big-Brother-Gesellschaft, wou de Staat de Big Brother ass an de Bierger ouni Privatsphär-Rechter um gëllene Platto mat all sengen Date presentéiert gëtt. An dës Positioun, déi eise Virstellung vu Privatsphär an Dateschutz entsprécht, wäerte mir haut verdeedegen.

Fir op den Ursprung vum Gesetz zrëckzekommen, deen och am Rapport genuch belicht gouf: Jo, et war eng Initiativ vun der CNPD, déi och op ee Lach an eise Gesetzer opmierksam gemaach huet. Hei huet d'CNPD hir Aufgab als Police vum Dateschutz gutt gemaach. Se huet déi schwaach legal Basis kritiséiert an opmierksam gemaach, dass d'Police e Gesetz brauch, fir kënnen nom GDPR d'Leit an der Ëffentlechkeet ze filmen.

Ech wëll och betounen, dass mer net alles un dësem Gesetz wëlle schlechtschwätzen. Op d'mannst gëtt et elo emol Reegelen, no deenen d'Kamera-iwwerwachung am ëffentleche Raum ze fonctionéieren huet. Dat begrësse mir Piraten. Mir begrëssen net, dass de Gemengerot just en Avis ka ginn an net muss zoustëmmen. Dee Punkt hat ech och esou an der Kommissioun opgeworf. Et gëtt sécherlech och Gemengen hei am Land, déi géint Big Brother sinn.

Wat mir Piraten gutt am Gesetz fannen, ass: D'Gesichtserkennungssoftware ass emol op den éischte Bléck per Gesetz verbueden. Dat hat ech dofir och bewosst an der Kommissioun ugeschwat an nogefrot. A mir Piraten hunn eis kloer géint eng Gesiichtserkennung ausgeschwat.

Allerdéngs hu mir trotzdeem eis Zweifel. Och wann et direkt per Kamera net erlaabt ass, esou ass awer e Videomaterial do, wou een duerno, also dann net méi aus dësem Gesetz, kann eng Software driwwerlaffe loossen, wou eebe Gesichter erkannt ginn. Derbäi kënnt: Mir kennen alleguerten d'Betribssystemer. Hei misst also fir esou e Projet op Linux als System zrëckgegraff gi fir d'Police, well aner Systemer kënne méi schnell, wéi Dir denkt, vun anere Staaten oder Hacker ugegraff ginn.

De Staat mécht selwer mat sengem Staatsstrojaner esou eng Dier op. Wann eise Staat dee keeft bei enger Firma, da maachen dat och aner Staaten oder Krimineller - wat dann esou e System wéi VisuPol och herno ugräife kann. Dat ass eeben de Problem, wann ee Staatsgelder hält, fir esou Tools ze entwéckelen. Et ass duerno net méi ze kontrolléieren an och d'Staate ginn ausspionéiert.

Dann ass virgesinn, och wann et net direkt am Gesetz steet, mee am Exposé des motifs, dass op de Plazen, wou d'Kameraen hikomme sollen, fir d'éischt aner Mesurë mussen ergraff ginn, wéi zum Beispill eng besser Stroossebeliichtung. Hei fänt d'Gesetz da leider un, sech vun eise Kritikären ze entfernen an et wëllt een d'Verantwortung op eng Kommissioun ofginn.

Gouf vusäite vun der Police wierklech alles probéiert, ier een op eng Masseniwwerwachung setzt? An hei fäerte mer, dass éischer d'Excuse kënnt: „Jo, et gouf alles gemaach“, obwuel dat da vlächicht net stëmmt.

An eisen Ae wäert d'Tendenz da schnell sinn: „Ass e Problem do, da setze mer eng Kamera dohin!“ A genee dës Lächer am Text maachen et eis ganz schwierig, fir eis mat der Kameraiwwerwachung unzefrënnen.

Wat erhoffe mer eis vun deene ville Kameraen? Dass d'Kriminalitéit dann erofgeet? Nee, dat ass Wonschdenken. An de leschte Woche goufe vill Mënschen hei an der Stad beklaute: op der Gare, um Glacis, am Stater Park. An och hei hänke Kameraen - dat zënter Joren.

Op der Gare, jo, do, wou mat illegale private Sécherheetsfirmen, bezuelt aus dem Gemegebudget, versicht gëtt, d'Lag an de Grëff ze kréien, do hänke Kameraen - dat schonn zënter Joren.

A wann een der CSV/DP aus der Stad nolauschert, ass jo grad dat aktuell dee schlëmmste Quartier hei an der Stad: do, wou d'Kamerae sinn. Aleng dat

weist: D'Kamerae ginn e Gefill vu falscher Sécherheet. Wéi vill Verbrische geschéien all Dag op der Gare, an dat trotz Kameraen? A wéi vill vun de Verbrichen, déi op Gare a leschter Zäit geschitt sinn, goufen tatsächlech duerch den Asaz vu Kamerae geléist, well d'Ermittlungsaarbecht un hir Grenze gestouss ass?

D'Kamerae ginn zum Problem, wa massiv d'Recht op d'Privatsphär ausgehielegt gëtt. Mee wat geschitt, wann eng Regierung un de Pouvoir kënnt, déi d'Kamerae fir hir Zwecker ausnotze wëllt? Ee Bléck an aner Länner geet duer fir ze gesinn, wat een alles mat Kameraiwwerwachung maache kann.

Et mierkt een dann och ewell hei am Land: Eng Regierung oder e Schäfferot brauchen nëmmen en trëftege Grond an dann zielen och Rechter wéi d'Privatsphär net méi vill. Et gesäit een un den Diskussiounen, als Beispill am Stater Schäfferot, wéi schnell eng Politik ännert, wéi schnell aner Majoritéiten e vill méi haarden Toun fannen a géint d'Privatsphär an den Dateschutz ginn.

Och wann et op den éischte Bléck net esou ausgesäit: D'Kameraiwwerwachung am ëffentleche Raum ass wierklech déck Geschier, wat de Staat eraushëlt. Och d'Mënscherechtskommissioun huet an hirem Avis eng Rei grouss Bedenke geäussert, déi sech a groussen Deeler mat eise Bedenken decken. Si ginn op d'Gefore vun Profiling an, dee virun allem zu enger weiderer Diskriminierung vun elo scho sozial benodelegte Gruppe bäidroen wäert.

Här President, ech kéint u sech nach ganz vill Grënn nennen, firwat mir net mat der Kameraiwwerwachung am ëffentleche Raum averstane sinn. D'Piraten sinn eng Partei, déi d'Privatsphär vun de Leit héichhält. Am Zweifel ëmmer fir den Dateschutz! Eise Léisungsusaz fir d'Sécherheet an der Stad bleift, dass mer méi Polizisten, méi Presenz vum Staat brauchen. Geziilt Mënschen op der Plaz, am-plaz gliesen Aen iwwerall.

Mir dréien eis am Krees mat der Kameraiwwerwachung. An hiren Etüd schreift d'IGP, dass ee méi ausgebildete Leit brauch, déi den Terrain kennen, fir d'Kamerae kënnen ze bedéngen. Ma mir Piraten hätte léiwer, dës Poliziste wären um Terrain, am-plaz virum Bildschierm. Do, wou de Bierger se brauch.

De VisuPol ass fir eis puert Wonschdenke vun e puer Kontrollparteien a wäert och mat dësem Gesetz e Wonschconcert bleiwen an net d'Kriminalitéit stoppen. Dofir haut eise kloeren Nee zu dësem Gesetz.

Merci.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. Ech ginn dervun aus, dass kee weidere Riedner sech zu Wuert mell.

Dann huet de Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Henri Kox, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Merci, Här President. Merci fir d'éischt der Rapportrice fir de ganz sachlechen, ausföerleche Rapport, souwuel hei am Mëndlechen, wéi och am schrëftlechen nozeliesen. Ech wëll awer och ausdrécklech den Orateur Merci soen. Awer ech schlëssen och eenzel Orateuren ... een einzelnen Orateur hei ausdrécklech aus, well en net zu enger sachlecher Debatt bäigedroen huet.

(Interruptions)

Ech wëll de Constat fir d'éischt maachen, wéi ech mam VisuPol, also mat der Kameraiwwerwachung, konfrontéiert gouf, dass mer scho méi laang e Moyer haten - an den Datum ass gesot ginn: 2007 -, dee senger Zilsetzung net gerecht ginn ass. Nämlech: duerch de Kader, duerch Leit, déi sech domat ausenargesat hunn, an och fir genau déi Moyer anzesetzen, fir d'Effikassitéit um Terrain ze erreechen.

Zweetens, hunn ech festgestallt, an do wëll ech kengem ze no trieden, dass awer do vlächicht déi falsch Prioritéite gesat ginn. An ech huelen den Här Lamberty hei vlächicht als net, jiddefalls dat, wat en a sengen Ausföerunge gemaach huet ... Hien huet nämlech zitéiert, dass a munche Länner d'Kamerae geholl ginn, fir Personalaspuerungen ze maachen.

Ech muss awer feststellen, dass d'Prioritéit an der Vergaangenheet vlächicht net genuch op den Invest an de Mënsch gemaach ginn ass: an de Mënsch vun der Police, an de Mënsch vu Leit, déi um Terrain aktiv kënne sinn an déi eis all - alleguerten, wéi mer do sinn - wëllen dat Sécherheetsgefill, awer och déi konkret Interventioun, wa se da gebraucht gëtt, um Terrain ginn. Awer och déi Proximitéit, déi mer alleguerte gären hätten.

Dëse Policeminister ass an der Kontinuitéit vun deem virege Policeminister - dee schliisslech an der grénger Hand elo ass -, fir e fermes Invest, éischstens, an de Mënsch ze maachen. Ech rappeléiere vlächicht d'Zuelen: An de Joren 2000 bis 2015 si 565 uniforméiert Poliziste bei d'Police komm.



Mir probéieren dat innerhalv vu fënnef bis sechs Joer op en zousätzlechen Netto vun iwwer 600 Polizisten ze maachen.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Mir wäerten och d'Ziviliste musse vill méi asetzen. Well och am VisuPol, niewent der Professionalitéit vun engem Polizist, och Zivilisten hir Plaz kënnen fannen.

An dann dat Zweet: Och wann ech d'Infrastrukturen iwwert d'Land kucke gi vun eenzelne Kommissariaater, da muss ech feststellen, dass mer och do net déi richteg Prioritéit gesat hunn. Ech erënnere just un d'Kommissariat vun Esch. Ech erënnere un d'Kommissariat vun Ettelbréck. An ech halen domadder op.

Ech wëll just soen, dass mir Gréng ganz kloer zu enger securitaier Politik hei a Lëtzebuerg stinn a ganz kloer zu enger Police grand-ducale stinn, déi déi néideg Moyene muss kréien, déi deen néidege juristeschen, legale Kader muss hunn am Rechtsstaat, dee mir alleguerten heibannen, ofgesi vläicht vun deem engen oder deem aneren, wëlle ganz héich halen. An ech mengen, dass eng ganz Rei vu Virriedner dat hei ganz kloer an däitlech gesot hunn. An ech si ganz kloer op hirer Säit.

Ech wëll meng Ried op dräi Punkten nach erklären: firwat ech eng Kamera befürworten an och firwat ech dann och gewollt hunn, dass dëst Gesetz deen néidege Kader, esou gutt wéi méiglech, och kann hunn.

Dofir dräi Punkten:

Éischtens: De Sënn an Zweck vun enger Kamera musse mer kucken.

Zweetens ass ganz kloer: De Kader, wa mer et schonn asetzen: Wéi muss dee sinn?

An drëttens, an dat ass vu ville Virriedner gesot ginn - an dat war jo och mäin Uleies, dat war d'Uleies vum virege Policeminister: - D'Police eleng kann et net léisen! D'Police ass den „dernier recours“. A wann d'Police kënnt, ass leider d'Kand des Éftere schonn am Pëtz an hoffentlech net schonn erdrong. An dofir, mengen ech, kënnen mer et nëmmen zesummen upaken. An dat ass och dat, wat ech an all deene Reunioune mat de sëllege Gemengeresponsabele gemaach hunn. Et ass, wéi ech och am Logement scho méi oft gesot hunn, eng Responsabilité partagée, wou jidderee seng Responsabilitéit iwwerhëlt. An do sinn ech ganz derbäi.

D'Leitmotiv vun dësem Gesetz war ganz kloer. Éischtens: den État de droit respektéieren, d'Transparenz an deem ganzen Dossier duerchzeféieren, awer och d'Verhältnisméissegkeet ze garantéieren. Dofir war et jo och wichteg, dat och ze erwänen an och an d'Gesetz afléissen ze loosse. Dat ass nämlech: Mir maachen deels en Agrëff an d'Privatsphär. A wann dat geschitt, da musse mer, éischtens, der Proportionalitéit an der Necessitéit vun deem Ganzen och dee Kader ginn. An dat hu mer jo och hei gemaach.

Iwwregens, och duerch Etüden, déi eeben da vun engem grénge Policeminister an Optrag gi sinn - niewent där vun ..., dass eng Dateschutzkommissioun dat bruecht huet, mee awer och eng IGP -, fir ze kucken: Wéi ass dat Instrument dann an der Realitéit a wéi kënnen mer dat dann ëmsetzen?

Dofir ass d'Resultat vun där Etüd jo och schonn e puermol hei erwänt ginn. Wat muss an dat Gesetz fléissen, souwuel wat d'Dateschutzkommissioun gesot huet, vun der Proportionalitéit an der Necessitéit, mee och vun der Uwendung vun deem Gesetz, wa mer et da schonn hunn? Wéi musse mer opgestallt ginn a wéi kënnen mer dat um Terrain dann opsetzen?

Dofir ass déi Etüd net ëmsoss gemaach ginn. Déi Etüd war wichteg. An déi Etüd huet och weiderhi hir Daseinschberechtigung, well se ënner anerem och nämlech vun der Evaluatioun geschwat huet, déi wichteg ass, wa mer esou Instrumenter, déi awer en Agrëff an d'Privatsphär duerstellen, wëllen asetzen.

Och d'Émfro, déi parallell gemaach ginn ass ... Jo, dat ass deels subjektiv. All Émfro, wann eng Äntwert op eng eppes kënnt, ass subjektiv. Mee et weist sech, dass et net eleng dat ass - d'Instrument vun der Kamera, dat hëlleft. Mir brauche vill Zesummenaarbecht mat de Gemengen op ville Punkten. An ech kommen am Schluss nach eng kéier drop zrëck.

An et huet sech erweisen: D'Kamera ass ee Moyaen. Ee Moyaen vu villen. An et hunn eng Rei Virriedner dat och gesot. Wa mer dee Moyaen hunn, da muss dee Kader awer ganz kloer gekuckt ginn. All Aspekter vun deem mussen analyséiert ginn. An et ass näischt aneschtens, wat ech während deem ganze Prozess vun deem Zesummeschaffe vun deem Gesetz och gesot hunn an der Kommissioun.

Jo, mir maachen dat! Mir maachen et awer richtig. Mir maachen et esou, dass et encadréiert ass an dass et um Terrain dann awer och déi Léisung soll bréngen, déi mer alleguerte gär hätten.

An da kommen ech zum éischte Punkt, nämlech zu der Léisung. Firwat solle mer d'Kameraen asetzen?

D'Zilsetzung muss kloer sinn. An da schwätzen ech als Ingenieur vläicht: „Wer misst, misst Mist!“ Dat heescht, mir mussen eis kloer sinn: Wat wëlle mer moossen? Wat wëlle mer analyséieren? Wéi eng Kriminalitéitsbekämpfung wëlle mer maachen?

An et ass vu menge Virriedner hei schonn eenzel erwänt ginn: Wou mécht se Sënn, d'Kamera? Wou mécht se kee Sënn?

An d'Drogepolitik, wou ech mech jo och mat där Note interministérielle ... wou mer nach dese Freideg iwwert d'Preventioun an der Kommissioun wäerten diskutéieren, wou mer och wäerten eng Debatt driwwer maachen. Et si ganz vill Aspekter, déi musse gekuckt ginn. Bei der Drogebekämpfung ass d'Kamera net onbedéngt dat, wat dee beschten Outil duerstellt.

Et ka genotzt ginn, wann et punktuell am flagrant kann agesat ginn. Mee et weist awer och, dass grad d'Drogekriminalitéit sech ganz séier un d'Verhältnisser vun der Police, un d'Aarbechtmethodik vun der Police erëm upasst an erëm ganz aner Weeër aschëlft. Dofir ass et ganz wichteg, sech iwwert den Asaz fir d'éischt kloer ze sinn: Wou setze mer se? Firwat maache mer se da grad do? Ass do e Bestanddeel vun enger Kriminalitéit?

An da kënnt et erëm, ze soen - et ass virdu gesot ginn -: „Firwat kann de Buergermeeschter dat net?“ Majo, de Buergermeeschter ass am direkte Kontakt mat dem jeeweilege Polizeichef. Dofir hu mir dee Comité de proximité, wou de stännegen Austausch tëschent der Police an der kommunaler Autoritéit ass. A wann do eppes um Terrain festgestallt gëtt, da muss eebe reagiert ginn - natierlech, wann déi néideg Opstockung an der ganzer Police geschitt ass. An do muss ech awer feststellen, dass déi an der Vergaangenheet dann net genuch war.

Ech mengen, dass dat Éischt ganz kloer muss sinn: Mir musse kucken, wou, firwat a wéi mer et optimal kënnen asetzen. A wann déi Analys gemaach ass, dann, mengen ech, kann een och déi néideg Iwwerpräiung maachen, esou wéi dat elo virgesinn ass hei am Gesetz. Well all eenzelne Standpunkt soll nei iwwerpréift ginn. An och, ob neier - a Bouneweg ass gefall. Jo, da musse mer kucken: Wat ass d'Situatioun? Wou si vulnerabel Situatiounen, wou mer vläicht mussen agräifen? An ass d'Kamera wierklech dann dee Moment och dee richteg Moyaen, fir dat kënnen duerchzesetzen?

Ech mengen, dese gesetzleche Kader brauch ech net nach eng kéier ze erklären Et ass ausféierlech vun der Rapportrice hei erkläert ginn, dass mer, éischtens, dat gutt encadréieren, dass mer, éischtens, alles analyséieren, wéi eng Krittäre mer setzen. Wéi maache mer dat? Wou maache mer dat? Wien hëlt d'Decisioun? Wéi gëtt déi Decisioun iwwerpréift?

Et ass dat, wat fir mech déi wichtegst Elementer an dësem Gesetz sinn. Dofir mengen ech, dass och ... Jo, wa mer nämlech Kamera soen: „Mir kucken do gär“, da musse mer moossen. Da musse mer eis och Krittäre ginn, wat mer iwwerhaupt moosse ginn.

Et ass wichteg, dass mer eis am Ufank iwwert d'Bild kloer ginn an dat huet eppes mat Statistik ze dinn. Fir herno kënnen eng gutt Auswärtung vun där Situatioun ze maachen, brauche mer en fin de compte och eng Statistik, déi dat evaluéiert och op Basis vun deem, wat mer festgestallt hunn, fir dann och déi néideg Réckschlëss kënnen ze zéien, eng Adaptatioun ze maachen, respektiv ze soen: „Do huet et kee Sënn méi“ oder op enger anerer Plaz ..., dat gëllt net nëmme fir eng Stad Lëtzebuerg, dat gëllt net nëmmen op deene Plazen, wou elo natierlech méi hëtzeg debattéiert gëtt. Dat gëllt och vläicht fir aner Hotspotten.

Awer net nëmmen am Sënn vun der Kamera, mee dann am Virfeld - an da kommen ech op den drëtten Aspekt, deen ech an all deene Gespréicher ëmmer hat, wann ech op de Gemenge sinn -, nämlech: Mir mussen eis vläicht e Concept sécuritaire iwwerleeën. Wat ass dann an där Regioun? Et gouf dat an der Zäit, mee ech mengen, dat muss nei beliebt ginn, fir ze kucken: Wat ass dann do um Terrain? Firwat ass dat dann esou? Well wa mir - an ech widerhuele mech - als Police intervenéieren, dann ass d'Kand oft schonn am Pëtz.

Dat heescht déi Preventioun ... Wat ass Preventioun? Ass dat ee sozialen Aspekt? Ass dat d'Belichtung eleng, déi dat scho bréngt? Awer net nëmmen. Et ass net d'Belichtung eleng. Et sinn Akten, déi ze verurteele sinn. D'Kriminalitéit huet kee rechtsfräie Raum hei am Land. Se gëtt ganz kloer bekämpft vun dëser Police. Si mécht all hir Efforten an ech stinn och do ganz riicht derfir, dass se dat am Alldag ëmmer erëm ausmécht.

Dofir ass et awer wichteg - wa mer esou eng Kamera asetzen -, dass mer eis awer breet opstellen, dass mer eis zesummesetzen, dass mer kucken: Wéi eng Aspekter ginn do gekuckt? D'Mënsche-rechtsaspekter, déi sozial Aspekter, d'Dateschutzaspekter an och déi kriminologesch Aspekter, déi mer elo an där Kommissioun mat kucken. Wa mer eis eens sinn, wat mer wëlle kucken a wéi eng Ge-

siichtspunkten analyséiert ginn ... An dofir hunn ech drop gehal, dass dat soll drakommen.

Fir mech ass dëst Gesetz e gutt Gesetz, bei deem ech drop gedrängt hunn, fir et ze kréien, fir dann och déi Analysen no an no elo maachen ze kënnen. Well mir hunn net vill Zäit. Mir hunn nëmmen ee Joer Zäit, fir déi besteeënd ze analyséieren, neier vläicht unzdiskutéieren an dann do och dee gudder Kader maachen ze kënnen, dass dat Gefill, wat do ass ... An dat geet awer nëmmen, wa mer och déi Polizisten um Terrain kréien. Ech sti riicht derfir, dass déi Rekrutementscampagne, déi elo positiv ugefaange gouf an och mat 200 neie Rekruten an der Schoul ugefaangen huet, intensiv nach iwwert déi nächst dräi Joer wäert weidergefuert ginn. An e véiert Joer muss kommen, well d'Abgänge, déi an der Police sinn, och musse recuperéiert ginn, soudass mer an deenen nächste Joren op en Netto-zouwuess vu 600 Leit komme mussen.

Et gouf vläicht nach déi eng oder déi aner Fro gestallt, eng kéier vum Här Gloden. Mir wäerten an der Regierung elo deemnächst eng kéier driwwer diskutéieren, wou den Avis jo komm ass iwwert déi Propos, déi ech gemaach hunn. Mir wäerten d'Geleeënheet hunn, an der Kommissiounssetzung iwwert den Avis vun Ärem Gesetzesprojet an da vläicht iwwert d'Alternativ vun der Regierung ze diskutéieren.

Dat Zweet war d'Bodycam. Och do hunn ech jo an der Question parlementaire geschriwwen, dass ech net direkt Jo oder Nee soen. Mee fir d'éischt solle mer eis awer de Kader ginn. An dee wäerte mer eis och ginn. De legale Kader muss stoen, éier mer déi asetzen. A mir sinn amgaang, dat ze analyséieren. Mir wäerten och kucken, wéi de Moment am Ausland ... Dir wësst, a Frankräich, an der Belsch an an Däitschland gi se deels agesat. Et gëtt do awer och Kritikpunkten. Dat muss genau analyséiert ginn an de Kader gëtt entsprechend och gekuckt. An den Dan Biancalana, mengen ech, war nach ... déi aner Gemengen ... Ech mengen, dat hat ech virdu schonn eng kéier gesot, dass mer dat wäerten an deem gesonden Equilibre maachen, dee mer an dësem Gesetz zrëckfonnt hunn, dee mer iwwert déi ganz Struktur an och an den Diskussiounen innerhalb vun de Kommissiounen fonnt hunn.

Als Konkusioun kann ech nëmme soen, dass mer heimat der Police e gudden Outil ginn, dee gesetzlech ganz gutt encadréiert ass mat der Proportionalitéit an der Necessitéit. Et bleift awer net aus, dass mer nach méi massiv an d'Police mussen investéieren. An dës Regierung mécht dat mat der Ennerstëtzung vun deenen zwee Koalitionspartner. An da wäerte mer dat och packen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet. D'Parole après ministre ass fir den Här Laurent Mosar.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci dem Här Minister. Ech si ganz frou, en héieren ze hunn, hei och eng kloer Ausso maachen, wat d'Kamerasurveillance betrëfft. Nodeem den Här Benoy fäerdeg war mat senger Interventioun, hunn ech mech eigentlech gefrot, ob déi gréng prinzipiell iwwerhaupt nach mat der Kamerasurveillance d'accord wieren.

Ech wollt awer eng kéier op zwee Punkten zrëckkommen, op deenen den Här Minister net ganz kloer war. Den Här Gloden hat déi Fro zu Recht opgeworf, wat d'Kamerasurveillance zu Bouneweg betrëfft. An do wollt ech awer och nach eng kéier en présence vum viregte Minister, dee jo och déi eng oder aner kéier op der Gare war, widderhuelen an drun erënnere, Här Minister, datt schonn 2018 - deemools op Proposition vun der Police a vum deemolege Policeminister Étienne Schneider - d'Leit versprach kritt hunn, datt Kameraen op Bouneweg komme sollten. Dat Versprieche war nach eng kéier reiteréiert gi vum Här Bausch. Ech mengen, do läit alles um Dësch, Här Minister. Et kann een natierlech och nach eng kéier kucken ob een déi eng Strooss derbäihëlt oder vläicht ewechléisst. Ech wëll just elo de Mëtze vun lech eng kloer Ausso kréien: Sidd Dir an d'Regierung do endlech bereet, déi Kameraen zu Bouneweg ze installéieren, déi d'Leit elo säit iwwer dräi Joer och vun Äre Virgänger versprach kritt hunn? Dat ass meng éischt Fro.

An dann déi zweet Fro - do hutt Der dem Här Gloden net genau drop geäntwert. Den Här Gloden huet lech nämlech gefrot, wéi et mat deem Avis do wier par rapport zu Ärem Projet de loi iwwert den - wéi mir en nennen - „Platzverweis light“. D'Fro vum Här

Gloden war eigentlech - an Dir hutt net dorop geäntwert -, ob deen Avis effektiv och negativ wier, grad esou negativ wéi deen Avis, deen zum Här Gloden senger Proposition de loi formuléiert ginn ass. Dat sinn déi zwou Froen, op déi ech lech nach eng kéier géif bieden, eng kloer Äntwert ze ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Henri Kox.

■ **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure.**- De Schluss vu menger Ried war ganz kloer, dass éischtens déi besteeënd Kameraen iwwerpréift ginn, well et sinn der jo derbäi, déi op engem Potto hänken, wou se kee Sënn maachen. An dass mer déi Zone kucken, wou d'Demandë virleien, déi mer elo sukzessiv ugin. D'Kommissioun wäert deemnächst séier zesummekommen, fir eng éischt Opnam ze maachen. Mir wäerte kucken, wat an deenen eenzele Comité-de-proximitéën ënnerwee war, an da wäerte mer dat sukzessiv ugoen. An dat gëllt vläicht net nëmme fir e Beräich vun der Stad Lëtzebuerg. Dat gëllt vläicht och fir aner Beräicher.

Wat déi zweet Fro ubelaangt: Ech ka kengem Regierungsrot virgräifen. Ech hunn déi Demande iwwert de Premierminister un de Conseil d'État gemaach an et geet iwwert de Premierminister erëm an deen nächste Conseil de Gouvernement, wou mer dann och zu där Analys kommen. Da sti mer ganz gär Ried an Äntwert, wat genau an dem Avis do steet, an da kommen ech ganz gären an déi Kommissioun, esou séier wéi méiglech, soubal mer an der Regierung dann och driwwer diskutéiert hunn.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat war awer net meng Fro.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Policeminister.

■ **Une voix.**- Dat war awer eng Äntwert.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschlossen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7498. Den Text steet am Document parlementaire 7498¹³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7498 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen ee Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dese Projet de loi mat 52 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Emile Eicher), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Le saviez-vous ?

MOTION

La motion est un texte, adopté par la Chambre des Députés, invitant le Gouvernement à prendre une certaine initiative ou à adopter une certaine position.



3. Question élargie n° 105 de Mme Simone Asselborn-Bintz relative aux centres de compétences

Mir kommen elo zu der erweiterter Fro Nummer 105 vun der Madamm Simone Asselborn-Bintz iwwert d'Kompetenzzentren. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro ze stellen an do der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Merci, Här President. Kolleegen a Kolleginnen, d'Wuelbefannen an d'Entwécklung vun de Kanner hunn duerch d'Pandemie enorm gelidden. Ech mengen, dat hu mer schonn dacks hei gesot an et sinn och nach ganz vill Spezialisten, déi dat soen.

D'Kanner a Jugendlecher mat Verhalensopfällegeeeten hunn et an esou enger Zäit nach méi schwéier wéi beispillsweis hir Kolleegen ouni entspreichend Problemer. Dofir dierfe si net vergess ginn a gehéiere mat an de Mëttelpunkt vun eisen Diskussiounen an eisem politeschen Handeln.

Si gehéieren awer net nëmmen an de Mëttelpunkt, mee och an eis Schoulen integréiert. Inklusioun ass also hei d'Stéchwuert. Et ass awer wichteg, dass mer och Méiglechkeeten hunn, déi Kanner, déi net oder net méi an der sougenannter Reegelschoul kënne beschoult ginn, weider fërderen an hinne speziell Bildungs- an Ausbildungsméiglechkeeten ubidden.

Dofir si jo 2018 Kompetenzzentren en faveur vun der Inclusion scolaire gegrënnt ginn. Bei der Kreatioun ass du gesot ginn, dass no dräi Joer eng Evaluatioun gemaach gëtt. Ech wollt vun där Geleeënheet profitéieren, fir de Minister ze froen, wou mer do dru sinn. Ass de Bilan scho gemaach? A wa jo, denken ech, ass et jo esou, dass mer dee wäerten an Zukunft presentéiert kréien.

D'Rentrée 2021/2022 steet virun der Dier. An do ass jo sécherlech och jidderee scho ganz laang amgaange mat Plangen. Mech interesséiert besonnesch, wéi déi aktuell Situatioun vun den aacht Kompetenzzentren an och der Agence pour la transition vers une vie autonome, der ATVA, ass. Wéi sinn d'Perspektive vun dësen Zentren an och de Kanner mat spezielle Bedierfnisser? Kënnen déi Schüler, déi eng Scolarisation spécialisée an engem Kompetenzzenter duerch d'CNi proposéiert kruten, och all opgehall ginn a wann net, wou gi se beschoult?

Mir ass nämlech zu Quere komm, dass verschidden Zentere fir d'Rentrée 2021/2022 kee weidert Personal zur Verfügung gestallt kréien oder respektiv net genügend Raimlechkeeten hunn, wat et jo da schwiereg mécht, fir weider Kanner an hire Strukturen opzehuelen. Ass dat esou? Ginn dës Kanner dann an déi sougenannten normal Klassen a ginn do dann esou gutt wéi méiglech betreit?

Ech weess jo, dass et I-EBS - also Instituteurs spécialisés dans l'encadrement et la prise en charge des élèves à besoins spécifiques - gëtt an och mat der ESEB - der Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques - dem Léierpersonal professionell Hëllef ugebuede gëtt. Mee ass genuch Personal do, fir dës Tachen ze iwerhuelen?

Ausserdem interesséiert mech och d'Situatioun vun de Jugendleche mat spezielle Bedierfnisser, déi elo net méi direkt schoufflichteg sinn. Och hei kënnen dës Jugendlech jo weider an de Kompetenzzentere betreit an och gefërdert ginn. Bis 18 Joer ass dat jo méiglech. Mee ass do genuch Plaz? A wéi eng Méiglechkeete gëtt et hei nach? Wou ginn déi jonk Leit opgefaangen, wa se keng Léier kënne maachen oder kengem Job kënnen nogoen? Ass eng Etapp tëscht dem Schüler mat spezifesch Besoinen an dem Salarié mam Statut Employé handicapé virgesinn? Kéint een hei vläicht net zum Beispill eng Mesure oudenke wéi en „Apprenti à besoins spécifiques“? Dat wär vläicht eng Méiglechkeet.

Här President, d'Stäerkt vun enger Gesellschaft a vun engem Land weist sech doranner, wéi se mat deene méi Schwaachen ëmgeet. Dofir si meng Partei, d'LSAP, an ech dovun iwwerzeegt, dass mer alles dofir maache mussen, och de Kanner a Jugendleche mat Verhalens- oder Léierproblemer grad wéi deene mat enger Behënnerung eng gutt Entwécklung an der Schoul grad wéi am Liewe kënnen ze erméiglechen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmoos, Madamm Asselborn-Bintz. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, a merci och dem Simone Asselborn-Bintz fir déi Fro, déi eis eng

Kéier d'Geleeënheet gëtt, elo - bal véier Joer nom Akraafttriede vun deem neie Gesetz iwwert d'Kompetenzzentere fir d'Inklusioun - effektiv eng Kéier ee kuerzen Tëscheppoint ze maachen. A wéi jo schonn an der Kommissioun nach eng Kéier beschwat war, wäerte mer no enger ganzer Rei vun Evaluatiounen am Hierscht e gréissere Bilan kënnen zéien an dee sécherlech och hei an der Chamber diskutéieren.

Mir hu jo net nëmmen en neit Gesetz kritt, dat no Joerzénge vun der Éducation différenciée an eng nei Ära eriwergefouert huet. Mir hu virun allem och enorm grouss Efforte gemaach, fir dem Besoin vun de Kanner gerecht ze ginn, andeems mer iwwert déi lescht Joren och deementsprechend spezialiséiert Personal rekrutéiert hunn. Zanter dem Akraafttriede vum Gesetz bis 2020 nach mat waren et - wann een d'Vollzäitposten hält - 681,3 Vollzäitposten, déi do geschafen an och vu spezialiséiertem Personal besat goufen. A wann ee weess, wéi schwierig et och heiansdo ass, net nëmme fir an der Regierung déi Posten ze mobiliséieren - well ech denken, soss wär et och scho virdu geschitt gewiescht -, mee och einfach fir déi Leit mat deene Profiler, mat där Erfahrung an och deem Engagement, dat se do brauchen, kënnen ze rekrutéieren, da weess een, dass dat sécherlech een Exercice war, deen net ganz einfach war.

Déi 681 Vollzäitposten, dat sinn ongeféier zur Hallschent Leit, déi a Kompetenzzentere schaffe gaange sinn. Déi aner Hallschent deelt sech op tëschente den Instituteurs spécialisés fir den Émgang an Encadrement vu Kanner mat extrae Besoinen an de Schoulen, respektiv den Équipes de soutien pour enfants à besoins am Fondamental respektiv am Lycée, wou mer déi besteeënd Strukturen am Fondamental, wat virdu d'Équipes multidisciplinaires waren, jo ausgebaut hunn - wierklech och ganz breet ausgebaut hunn - ënnert der Autoritéit vum Regionaldirekter an am Lycée jo iwwerhaupt emol ugefaangen hunn, Strukturen ze schafen, fir spezialiséiert Personal ze kréien, fir datt virun allem déi Jonk, déi aus dem Fondamental erauskomm sinn an déi an der Inklusioun waren, déi encadréiert goufe vun hirer Schoul, d'Méiglechkeet kréien, och an der Kontinuitéit duerno am Lycée kënnen dee selwechten Encadrement ze kréien, fir einfach och hir Sclaritéit normal kënne weiderzeféieren.

Wéi den Numm vun de Kompetenzzentren et scho seet, geet et jo dorëms, fir déi Kompetenz opzebauen awer net fir sech ze halen, mee virun allem och fir se weiderzeginn, fir d'Acteuren am Terrain - notament déi Professionell aus de Schoulen - ze informéieren, ze beroden, virun allem awer och fir Diagnosticke sécherzestellen. An deem Sënn maachen d'Kompetenzzentren elo eng ganz konkret Ënnerstëtzung vun den Ekipen an de Schoulen iwwer Formatioun, iwwer Berodung an iwwer Coaching. Virun allem si se awer och an enger ambulanter Approche aktiv. Mer mussen eis wierklech léise vun där Virstellung, dass ee Kompetenzzentrum d'office eng spezialiséiert Schoul ass fir Kanner.

Jo, et gëtt Kompetenzzentren, déi spezialiséiert Schoulen hunn. Dat mécht awer mol knapp d'Hallschent vun hirer Aktivitéit aus. Déi aner Hallschent, dat ass wierklech, wou d'Fachleit vum Kompetenzzentrum an d'Reegelschoul ginn, an d'Klass ginn an do den Enseignant ënnerstëtze beim Encadrement vun de Kanner mat extrae Besoinen, fir also och do d'Inklusioun - wann dat gewënscht gëtt vun den Elteren - och esou wäit wéi méiglech ze ënnerstëtzen, complémentaire zu deenen anere Mesuren, déi mer geholl hunn - den Instituteurs spécialisés vun der Schoul respektiv d'Équipes de soutien pour enfants à besoins vun der Regioun respektiv dem Lycée.

Dir Dammen an Dir Hären, eng vun den zentralen a sécherlech och immens wichtigen Aktivitéite vun de Kompetenzzentren ass den Diagnostic, well dat den A an den O vun enger erfolgräicher Prise en charge ass. Wann ee sech d'Fro „Wat ass mat deem Kand do?“ an „U wat läit et?“ net richteg beäntwert - wann déi Fro net richteg gestallt a beäntwert gëtt -, da kann een eigentlech herno och net déi richteg Mesuren huelen. An duerfir si mer frou, dass mer och ganz staark an den Diagnostic konnter investéieren am Laf vun deene leschte Joren.

Wou ech Entwécklungsméiglechkeeten a Potenzial an och Besoinen gesinn, dat ass sécherlech och nach am nonformale Bildungsberäich. Ech denken net, dass d'Kompetenzzentren elo am selwechte Mooss och Leit op den Terrain schécke sollten, wéi dat am formale Beräich de Fall ass, mee: Virun allem brauche mer do eeben d'Vernetzung, virun allem brauche mer do och de Coaching an d'Berodung, virun allem brauche mer eng Kontinuitéit vun der Prise en charge tëschent der Schoul oder dem Kompetenzzenter an och der Maison relais. Dir wësst jo och, dass mer grad favoriséieren, dass d'Kanner, déi och an engem Kompetenzzenter an d'Schoul ginn, awer an hir Maison relais ginn, an hirem Duerf, an hirem Quartier, an hirer Stad an d'Schoul ginn, fir eeben do d'Inklusioun och iwwert deene dote Wee garantéieren ze kënnen - d'Integratioun an de Quartier, de Kontakt mat de Kanner, déi

och bei engem an der Strooss, bei engem am Quartier wunnen. An do ass sécherlech nach en nächsten Dossier, dee mer méi staark musse beschaffen: Wéi kréie mer d'Maison-relais an wierklech fit, fir déi Kontinuitéit vun der Prise en charge ze garantéieren? An do gesinn ech och ganz zentral eng Aufgab fir d'Kompetenzzentren.

De Besoin wäert sécherlech och iwwert déi nächst Joren an d'Luucht goen, aus zwee Grënn. Éischtens emol, well mer generell eng dynamesch Entwécklung vun eiser Populatioun hunn an domadder och méi Kanner mat extrae Besoinen an eis Schoule kréien. Mir hunn awer sécherlech haut och eng aner Sensibilitéit entwéckelt. An dat ass gutt. Well dacks, wou virun enger, zwou Generatiounen iwwer e Kand gesot ginn ass: „Et ass vläicht e bësse speziell“, mee et ass iergendwéi matgelaf an et ass net no em gekuckt ginn, hu mer haut eng aner Reaktioun, déi mer weisen. An dat ass richteg esou! An dat ass gutt esou!

Haut kucke mer ganz genau, wat en extrae Besoin vun deem Kand kéint sinn a wat fir eng Äntwert mer dorop brauchen a wat fir een Encadrement mer deem Kand kënnen zur Verfügung stellen, fir awer dat Beschäit aus senge Méiglechkeeten ze maachen, fir awer seng Talenter kënnen ze entwéckelen. Esou wéi mer den Usproch hu bei all Kand, och bei Kanner mat extrae Besoinen ze kucken, dass et e staarkt Kand gëtt, dass et e Kand gëtt, dat herno säi Rôle ka fannen, dat seng Eegestännegkeet kann entwéckelen an dat herno och e staarke Mënsch ka ginn. Wann eis dat an der Schoul net geléngt, dann ass dat duerno sécherlech vill, vill méi schwierig.

Vläicht nach eng Kéier kuerz just iwwer dräi Schouljore gekuckt, wéi d'Zuele sech do entwéckelt hunn, wat d'Kanner ubelaangt, déi vun de Kompetenzzentren betreit ginn: Dat ass bal e Plus vu 40 %. Also déi Moyenen, déi mer an d'Kompetenzzentren investéiert hunn - och op Basis vun deem neie Gesetz, dat mer geschafen hunn -, hunn et erlaabt, bal 40 % - ganz genau 38,93 % - méi Kanner ze encadréieren, sief et am Stationären, sief et am Ambulatoires, wéi dat virun dräi Joer de Fall war. An ech denken, dass dat och nach eng Kéier ënnersträicht, wéi noutwendeg et war, wierklech deen doten Effort ze maachen. Net nëmmen iwwer en neie gesetzleche Kader, mee awer och iwwert déi personell Ressourcen hei kënnen d'Äntwert ze ginn.

Während deenen dräi Joer sinn déi personell Ressourcen ëm 27,39 % an d'Luucht gaangen. An dat weist natierlech och, dass mer do iwwert déi nächst Joren nach wäerte Besoinen hunn, fir weider ze rekrutéieren. Sécherlech net an deem Mooss, wéi dat déi lescht dräi, véier Joer de Fall war, mee en fonction vun der Zuel vun de Kanner, déi een extrae Besoin hunn. An dat ass jo och eng nei Logik, déi mat deem Gesetz vun 2017 ugeluecht war. Nämlech fir ze soen, dass wa mer méi Kanner hu mat extrae Besoinen, dass mer dann automatesch och méi spezialiséiert Personal brauchen. D'selwecht wéi wa mer méi Kanner an der Reegelschoul hunn, an der Grondschoul hunn, dass mer méi Klassen hunn an dann och méi Enseignant brauchen. An ech sinn immens houfreg dorobber, dass mer haut an déi Logik do konnter eriwierwiesselen.

Vläicht nach ee kuerzt Wuert zur Evaluatioun vun deem ganzen Dispositif, wou mer momentan jo dräi Pistes poursuiwéieren, fir eng Evaluatioun ze maachen. Dat eent, dass e Questionnaire online un all déi Professionell, un d'Enseignanten, awer och dat sozioedukatiivt Personal, dat psychosoziaalt Personal, d'Direktiounen, d'Directeur-adjointen, d'Personal vun de Kompetenzzentren, vun den ESEBen, vun de Schoulen - de Fondamentallen an de Lycéeën -, fir do nach eng Kéier erauszespieren, wou mer momentan stinn an der Entwécklung. Awer sécherlech och nach, wat déi nächst Schrëtt musse sinn.

Dann awer och eng intern Evaluatioun vun der Commission nationale d'inclusion, déi virun allem de Fokus op déi administrativ Prozesser soll riichten. Dauert et nach ze laang? Weini kréie mer eng Äntwert? Ass et noutwendeg, dass et esou laang dauert? Wou kënnen mer vläicht nach Zäit an d'Durée kompriméieren? An och awer ze kucken, ob mer déi Prozesser richteg agestellt hunn, esou wéi mer se viru véier Joer definéiert hunn. Dann awer fir déi aacht Kompetenzzentren an och d'Agence de transition vers une vie autonome en externen Audit vun engem externe Consultant an deem doten Domän, fir och de Bléck vu baussen nach eemol ze ginn an ze kréien. Ech denken, dass mer doduerjer wierklech déi richteg Informatiounen a sämtlech Informatiounen kréien an dass näischt verluer geet. Well mer eis dräimol - awer op eng aner Manéier - eigentlech déi selwecht Fro stellen. Déi Evaluatiounen wäerten am Hierscht virleien an da kënne mer och an der Kommissioun respektiv am Plenum uschlëssend eng Debatt doriwwer féieren.

Vläicht ganz kuerz nach, Här President - wann Der erlaabt -, e Wuert zur Transitioun an d'Beruffsliewen eran, well dat jo och e Schwéierpunkt war an der Reform vun der Éducation différenciée, wou mer d'Agence de transition vers une vie autonome jo geschafen hunn, mat der spezifischer Aufgab, fir

deene Jonken an de Kompetenzzentren ze hëllefen, zur Sait ze stoen a se mat Zäite fit ze maachen, fir an d'Beruffsliewen eriwier ze wiesselen. A sécherlech gëtt et do ganz vill Méiglechkeeten, déi mer och amgaange sinn ze deployéieren. Ech denken do un de Kompetenzzenter fir déi geeschteg Entwécklung, wou jo och iwwer Stagé probéiert gëtt, se u Berufsaktivitéiten erunzékriegen. Wou awer och e Cycle professionnel et occupationnel geschafe gouf, fir och do den Iwwergang méi einfach ze maachen. Wuel an engem schoulesche Setting ass awer ze kucken, dass ee méi no un e berufflechen Alldag zréck muss/kann erukommen. Dat selwecht och fir de Kompetenzzenter vum Kucken, wou et wichteg ass, lues a lues schrëttweis och op Situatiounen hinzeschaffen, wéi een se am Berufsalldag virfënn, a sech dorobber ze preparéieren.

Fir de Kompetenzzenter „Kucken“ (ndlr: Centre pour le développement des compétences relatives à la vue) steet awer och en nächste Projet um Programm. Dat ass nämlech eng Wunnschoul, well et hei net nëmmen ëm d'Transitioun a Richtung vun der Beruffswelt soll goen, mee och ëm en autonoomt Liewen. An dat ass fir Leit, déi net gutt gesinn, net gesinn, sécherlech eng ganz besonnesch Erausforderung. Et ass awer méiglech, wa se dobäi begleet ginn. An duerfir ass dat ee vun deenen nächste Projekten.

Da wësse mer, dass mer fir Schüler mat spezifesch Besoinen um Enn vun hirer Sclaritéit allgemeng dräi verschiden Weeër hunn, déi se kënnen aschloen. Deen éischten - dee prioritär ëmmer ugestriift sollt ginn - ass dee vun regulären Aarbechtsmarché, well et wichteg ass ze kucken, dass mer méiglech vill Leit op de regulären Aarbechtsmarché kréien. Mee duerno gëtt et natierlech d'Atelier-protégéen an et gëtt awer och d'Services d'activités de jour, an déi déi jeeweileg Schülerinnen a Schüler um Enn vun hirer Sclaritéit kënnen orientéiert ginn a wou se dann och kënnen dorobber preparéiert ginn, dass net dat eent einfach deen een Dag an der Schoul am Kompetenzzentrum ofbrécht an dann deen aneren Dag an engem Aarbechtsverhältnis ufänkt, mee dass ee wierklech och spezifesch am Virfeld - an dat kënnen net nëmme Méint, dat ka vill méi laang sinn - drop hischafft.

Här President, ech hunn a kuerze Wieder probéiert, nach eemol d'Schwéierpunkte vun der Reform ze resuméieren a wéi mer geduecht hunn, se ëmzesetzen a wou mer haut stinn, e Bléck op d'Evaluatioun ze riichten an awer och nach eng Kéier kuerz d'Perspektive fir déi Jonk aus de Kompetenzzentren a Richtung vun der Aarbechtswelt ze skizzéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, dem Här Educationminister Claude Meisch. Ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Asselborn-Bintz fir eng Zousazfro.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Jo. Merci, Här Minister, fir déi interessant Explikatiounen. Ech wollt awer just froen, well ech lech eng, zwou Froen gestallt hat, déi Der mer elo net konkret beäntwert hutt, ob Der vläicht awer eng Äntwert drop hätt. Dofir stellen ech lech se dann nach eemol.

Ob et effektiv esou ass, dass verschidden Kanner a verschiddenen Zentren elo direkt keng Plaz kréien. A wa jo - wann also déi vun der CNi och d'hinne, ech soen net placéiert, mee d'hinne geschéckt ginn -, wou ginn déi dann hin? An ob et effektiv esou ass, dass aus iergendwelleche Grënn eventuell net genuch Personal zur Verfügung gestallt ka ginn. Ass dat effektiv esou?

An déi aner Fro ass déi mat de Jugendlechen. Ech hat gefrot, ob et och nach eng Pist wär, fir vläicht esou en Apprenti - Wéi hat ech e genannt? Elo weess ech selwer net méi, wéi ech e genannt hunn -, en Apprenti à besoins spécifiques, oder esou, vläicht anzeféieren. Ob dat och eng Pist kéint sinn. Wann Der mer dat vläicht nach kéint beäntweren, da wär ech ganz frou.

Merci.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Den Apprentissage fir Kanner mat extrae Besoinen ass och schonn en Thema gewiescht. Mir hunn eis och zesumme mam Familljeministère schonn doriwwer ausgetosch. An et gëtt e puer Méiglechkeeten: Et gëtt natierlech och de regulären Apprentissage, bei deem och d'Kanner mat extrae Besoinen absolutt d'Méiglechkeet hunn an Zougang hunn. Et gëtt dann awer och fir Kanner, déi méi wäit ewech si vun enger regulärer Aktivitéit, sécherlech d'Méiglechkeet, en aneren Apprentissage ze maachen. Mir wëssen, dass d'Reegel vun eisem Apprentissage, vun eiser Formation professionnelle - op jidde Fall déi, déi mer wëllen ustriewen - den duale System ass, bei deem een dann och an den Entreprisé mat ausgebild gëtt. Dat geet natierlech net fir all Kand mat engem extrae Besoin. Do soll een nodenken, fir eng zweet Méiglechkeet ze schafen. Mir sinn awer - wëll ech oppe soen - net am Moment vun deem Reflexiounsprozess do ukomm.



Ech hu selwer elo keng Kenntnis vun Demanden, deene mer net kënnen nokommen. Ech ka mech awer doriwwer informéieren an lech dann déi Äntwert och vläicht schrëftlech zoukomme loossen, a wat fir enge Kompetenzcenteren dat wär a wéi mer da gedenken, dorobber ze reagéieren. Ech selwer hunn awer elo dozou keng Informatiounen.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Educationminister Claude Meisch.

4. Question élargie n° 106 de Mme Diane Aدهم relative aux modalités de calcul du contingent de leçons au niveau de l'enseignement fondamental

Mir kommen elo zu der erweiterter Fro Nummer 106 vun der Madamm Diane Aدهم iwwert d'Berechnungsmodalitéite vun de Schoulstonnen an der Primärschoul. Madamm Aدهم, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Diane Aدهم (CSV).**- Här Minister, léif Kolleeinnen a Kollegen, an de leschte Woche gouf an de Gemengen a Schoulsyndikater d'Schoulorganisatioun fir d'Rentrée 2021/2022 ausgeschafft. An der Press konnt ee kierzlech bei enger grousser Gemeng hei am Land verfollegen, wat dat all Joer beidit fir déi concernéiert Acteuren: d'Politik, d'Enseignanten, awer och d'Elteren.

Am konkrete Fall, deen ech elo uschwätzen, geet et ëm eng Gemeng, déi de Choix getraff huet, fir Quartierschoulen ze hunn an net grouss zentral Schoulen. Eng Gemeng, déi ech nach vill besser kennen, huet viru ganz laanger Zäit déi selwecht Entscheedung getraff. Grad an der haiteger Zäit deet et de Kanner oft gutt, wa si hiren Dag a méi kleng Struktur kënne verbréngen a wa si moies an owes am Schoulbus net mussen am Stau stoen.

Här Minister, de Contingent u Leçone geet zréck op d'Schoulgesetz vum 6. Februar 2009. D'groussherzoglecht Reglement vum 18. Februar 2010 definiert, wéi de Contingent sech zesummestellt.

Op der Basis vun dese legalen Texter hunn ech follgend Froen un den Här Minister. Éischtens: Sinn d'Krittären, fir de Contingent opzestellen, fir lech, Här Minister, nach ëmmer déi richteg? Geet et duer, fir einfach ee Contingent de base, baséierend op der Kannerzuel, an ee Contingent, baséierend op Critères socio-économiques et socioculturels opzestellen? Dësen „Indice socio-économique“, wéi en um Terrain genannt gëtt, ass nämlech eng Zort schwaarz Këscht a kee weess richteg, wéi en zustane kënn.

Zweet Fro: Missten net eventuell nei Krittären derbäikommen, respektiv déi besteeënd Krittäre verfeinert ginn?

Ech erkläre mech: Aktuell dréit de Contingent zum Beispill der Zuel vun de Schoulgebaier, déi eng Gemeng huet, keng Rechnung. Geneesou wéineg gëtt gekuckt, wiwill Kanner pro Cycle ageschriwwen sinn. Wann ech awer - wéi virdu beschriwwen - eng Gemeng hunn, déi de politesche Choix getraff huet, fir méi kleng Quartierschoulen ze hunn, an deenen och nach sämtlech Cyclé sollen ugebuede ginn - an dëst amplaz vu groussen Zentralschoulen -, dann huet dës Gemeng Problemer, fir mat deem Contingent u Stonnen, déi si kritt, hir Schoulorganisatioun opzestellen an dobäi nach eenegermoossen equilibriéiert Klasseneffektiver ze hunn.

De facto bestëmmt eigentlech de Ministère iwwert de Wee vum Contingent, wéi eng Schoulpolitik eng Gemeng mécht. An dat geet aktuell éischter a Richtung vu groussen Zentralschoulen.

Wann haut Kanner mat spezifische Besoinen an enger Klass sinn - dëst ass meng drëtt Fro -, da ginn dës Kanner en charge geholl vun der ESEB. Um Niveau vum Contingent gëtt dës Kanner net Rechnung gedroen. Wëssend, dass et awer oft laang dauert, bis den Enseignant eng Hëllef an der Klass huet, an dass dës Hëllef nëmme stonneweis ass, wier et net ubreecht, och d'Zuel vun dese Kanner um Niveau vum Contingent ze betruuchten?

Véiert Fro: Ass de Minister der Meenung, dass een nach ëmmer soll bei enger Moyenne vu 16 Kanner pro Klass bleiwen, wëssend, dass d'Schoulpopulatioun weesentlech geännert huet iwwert déi lescht zéng Joer?

Fënneft Fro: Ass de Minister gewëllt, eng Evaluatioun iwwert d'Applizéiere vum Contingent ze maachen? Schliisslech gëtt et de Contingent elo zënter zéng Joer.

Sechst Fro: D'groussherzoglecht Reglement gesäit vir, dass eng Gemeng oder ee Schoulsyndikat kann zousätzlech Leçonen ufroen am Kader vum Contingent. Gëtt et vill Gemengen oder Schoulsyndikater, déi vun dëser Méiglecheet Gebrauch maachen? A gëtt et am Ministère eng Lëscht mat Krittären, déi gekuckt ginn, fir esou zousätzlech Leçonen ze maachen oder ze accordéieren oder gëtt dat éischter à la tête du client gemaach?

Siwent a lescht Fro: D'Primo-arrivanten an d'Flüchtlingskanner kënne während zwee Joer deelweis an

eng Classe d'accueil goen, déi och extra vum Ministère accordéiert gëtt. Déi aner Zäit sinn dës Kanner an hirer Classe d'attache. Duerno, wann déi zwee Joer eriwuer sinn, ginn dës Kanner zesumme mat deenen anere Kanner an eng regulär Klass. Wann dës Kanner schonn e bësse méi al sinn an an engem anere Schoulsystem alphabetiséiert gi sinn, geet et oft mat deenen zwee Joer Classe d'accueil net duer. Gëtt dru geduecht, fir zousätzlech Contingent fir dës Kanner virzegesinn?

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Aدهم. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Educationminister Claude Meisch.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Villmools merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Merci och un d'Madamm Aدهم fir dës dach prezis Froen. Virun allem par rapport zu där schrëftlecher Ukënnegung ass dat doten dach scho ganz an den Detail gaangen. Ech wäert duerfir probéieren, sou gutt wéi méiglech dorobber ze äntweren.

Ech mengen, mir musse kucken, vu wat mer alles schwätzen. Mir hu virdu gekuckt, wéi considerabel déi Efforte sinn, déi mer maachen, fir de Kanner mat extrae Besoinen entgéintzekommen an se ze ënnerstëtzen, datt mer dat op e puer Niveaue maachen. An ech mengen, d'selwecht därefer mer eis och bei deene Ressourcen, déi mer de Grondschoulen an de Gemengen zur Verfügung stellen - och fir d'Grondschoul ze organiséieren -, net nëmmen op déi Schoulmeeschterinnen a Léierinne fokusséieren, déi mer do zur Verfügung stellen, mee sollen nach eng Kéier kucken, wéi sech de gesamte Personabla eigentlech entwéckelt huet am Laf vun deene leschten zéng Joer, zanterdeem de berüümte Contingent a Kraaft getrueden ass.

An do ass et sécherlech esou, datt mer e Bild hunn, bei deem mer gesinn, datt mer ënnert dem Stréch méi Ressourcen hunn, fir d'Kanner ze encadréieren, ewéi dat viru gutt zéng Joer de Fall war, wat op ville Plazen offensichtlech eigentlech net esou gesi gëtt, well een nach ëmmer héiert, datt duerch de Contingent d'Kanner Ressourcen entzu kritt hätten. Nee. Et ass eigentlech de Contraire geschitt. Wuel an deenen éischte Joren no 2010, wou de Contingent a Kraaft getrueden ass, sinn d'Ressourcë pro Kand - well mer dat jo dann ëmmer als Nombre de leçons par élève ausrechnen - erofgaangen. Dat waren an dem Calcul fir 2010/2011 2,28 Leçone pro Kand an der Moyenne iwwert d'ganz Land ewech. Am Schouljoer 2015/2016 waren et nëmmen nach 2,23 Leçone pro Kand an der Moyenne iwwert d'ganz Land ewech. Wuel verstanen: Do waren Enseignanten dran, do waren d'l'EBSen dran, dat heescht d'Instituteurs spécialisés fir den Encadrement fir d'Kanner mat extrae Besoinen, an do waren awer och d'ESEBe mat dran, well déi jo och an deene Klassen do intervenéieren. Net mat age-rechent sinn an deem heite Calcul zum Beispill spezialiséiert Enseignante fir d'Entwécklung vun digitale Léieren, d'Schoulentwécklung, déi mer de Schoulen jo och zur Verfügung stellen, mee déi awer net mat de Kanner an de Klasse schaffen.

Zanter dem Schouljoer 2015/2016 si mer allerdéngs erëm eropgaange mat dem Encadrement vun de Kanner alleguerten. Nämlech da vun 2,23 vun 2015/2016 op 2,37 Leçone pro Kand am Schouljoer 2020/2021. Mer sinn also an den éischte fënnef Joer vum Contingent bei de Ressourcen, déi bei de Kanner ukomm sinn, ëm 2,1 % erofgaangen, fir duerno bis d'Schouljoer 2020/2021 ëm 6,3 % erop-zegoen. An dat mat all deene Ressourcen, déi mer de Schoulen zur Verfügung stellen, fir sech organiséieren ze kënnen a fir d'Klasse besetzen ze kënnen an awer gläichzäiteg och deenen extrae Besoinen vun de Kanner gerecht ginn ze kënnen.

An ech fannen, datt bei allen Diskussiounen, déi een iwwert de Contingent ka féieren an no zéng Joer och eng Kéier féiere muss, mengen ech, d'Analyse, ob déi Berechnungen, wéi se gemaach ginn, der Realitéit haut nach Rechnung droen, dee richtegen Usaz ass. Mir mierke jo ganz dacks, datt de Contingent, dee mer un Enseignantsstonnen zur Verfügung stellen, an der Majoritéit vun de Fäll genotzt gëtt, fir Klasseneffektiver ze reduzéieren, fir méi Klasse mat manner Schülerinnen a Schüler an der Klass ze maachen. Dat hëlleft awer net onbedéngt, fir zum Beispill méi differenziéiert ze schaffen, fir Kanner mat extrae Besoinen - wann ee Besoin do ass - geziilt ze hëllefen. Duerfir fannen ech et richtig, datt mer eeben op en zweete Wee gaange sinn, de Schoule Ressourcen zur Verfügung ze stellen: net nëmmen Enseignanten op där enger Säit, mee awer och spezialiséiert Personal fir Kanner mat extrae Besoinen.

Mir hunn och déi Gemengen, déi Schwierigkeeten hunn, fir d'Schoulorganisatioun esou opzestellen, an an deenen et Härtefäll gëtt an an deenen et natierlech och - virun allem bei kleng Schoulen - emol virkënn, datt een entweeder eng Klass mat op eemol 24 Schülerinnen a Schüler mécht oder zwou vun zwielef. Déi vu 24, dat ass ze vill an da muss een natierlech ganz niddreg goen. Dann ass een ën-

nert der Moyenne vu 16, déi virdu genannt ginn ass. Do komme mer natierlech entgéint.

Ech wëll och nach eng Kéier soen, a wat fir engem Mooss mer entgéintkommen, mee et wonnert mech e bëssen, datt déi Fro hei gestallt gëtt, well ech lech an deene leschte Woche bal alleguerten, déi hei Buergermeeschter oder Schoulschäfte sinn, Bréiwer geschéckt hunn, an deene mer geschriwwen hunn, datt mer lech beim Oprei vum der Schoulorganisatioun dach ganz generéis mat supplementäre Ressourcen, mat engem Surplus u Contingent hëllefen.

2010/2011 waren et 1.780 Leçonen, déi mer iwwert deen dote Wee als Surplus ginn hunn. Et si mëttlerweil 4.492 Leçonen, déi mer alle Gemengen zur Verfügung gestallt hunn, fir op deen normalen, reguläre Contingent drop ze hëllefen - woubäi mer spezifesch Fäll hunn, wéi ech der zum Beispill elo genannt hunn -, fir Schoulorganisatiounen kënnen opzestellen.

Ech wëll awer och eng Kéier soen: Dat doten, dat sinn 200 Enseignanten, wou mer zousätzlech 200 Enseignantsposten accordéieren! An dat an enger Situatioun, wou mer jo wëssen, datt mer et net einfach hunn, 200 Enseignanten och ze fannen do-baussen. Hätte mer dat net gemaach déi lescht Joren, wär de Problem vum Rekrutement sécherlech net esou urgent ginn, wéi en haut ass.

An dat, denken ech, ass dee Punkt, dee mer awer ëmmer mussen am Hannerkapp behalen, wa mer iwwert de Contingent schwätzen. Well wéi ech nach Schoulorganisatioun gemaach hunn an der Gemeng Déifferdeng - dat sinn elo mëttlerweil eng Rei vu Joren hier -, hunn ech probéiert, ëmmer den Equilibre ze fannen tëschent deem, wat pedagogesch sënnavoll ass fir d'Kanner dee Moment, an awer och ze kucken: Wat fir eng Ressourcen hunn ech iwwerhaapt? Well et ass schéin, eng Schoulorganisatioun ze maachen, déi vläicht gutt um Pabeier ausgesäit, mee wann ech awer net weess, ob ech diploméiert Personal herno fannen, fir dann och déi Stonnen do ze assuréieren, da gesäit dat schonn erëm eng Kéier ganz aneschtens aus. An duerfir muss een dat, mengen ech, och am Hannerkapp behalen.

Bei de Classes d'accueil ass et jo och esou, datt mer déi Classe d'accueilen och ganz vum Staat mat iwwerhuelen. Et ass awer och esou, datt dat ee Krittär ka sinn, fir e Surplus vum Contingent ze kréien. A ganz oft ass dat jo och den Argumentaire, deen d'Gemenge formuléieren.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach soen, datt mer zwou Evaluatiounen momentan lafen hunn. Eng ass vum LISER, dee jo chargéiert ass vun eis, fir de Mechanismus vun deem soziale Koeffizient, wou eng Gemeng duerch hir sozioekonomesch Situatioun vun hirer Populatioun e Surplus vu bis zu 20 % vum Contingent ka kréien - vu bis zu 20 % vum Contingent, dat mécht jo awer erëm eng Kéier wierklech eppes aus -, fir do déi Berechnungen nach eng Kéier ze analyséieren an och ze kucken, ob se den aktuelle Gegebenheeten iergendwéi ugepasst sinn.

Ech wëll och soen, datt ech den Observatoire de la qualité scolaire chargéiert hunn, generell eng Evaluatioun iwwert de Contingent ze maachen an och vun den Effete vum Contingent an deene leschten zéng, eelef Joer. An ech hoffen, datt mer deemnächst och eng Kéier d'Geleeënheet hunn, an der Kommissioun oder hei och am Plenum vläicht doriwwer ze diskutéieren, fir ze kucken, ob mer dat erreecht hunn, wat mer wollte mam Contingent, nämlech méi eng gerecht Verdeelung vun de Ressourcen. Dat ass sécherlech mëttlerweil erreecht, well mer hunn eng Konvergenz do kritt.

Awer sécherlech musse mer och d'Fro stellen, ob mer mat deem soziale Surplus, dee mer ginn, wierklech och déi Gemengen, déi Kanner an déi Schoulen erreechen, déi mer brauchen. Ob dat och duergeet, dat ass sécherlech eng Fro, déi sech muss gestallt ginn. An awer och, zu wat fir enge Phänomeneer et bei der Schoulorganisatioun geféiert huet an ob déi Ressourcen esou agesat ginn, datt se wierklech benefice si fir d'Kand, fir d'Schülerinnen a fir d'Schüler. Well och do gëtt et jo awer an der Wëssenschaft eng ganz Rei vun Analysen, déi soen, datt e Reduzéiere vum Klasseneffectif aleng sécherlech net dee richteg Wee ass.

Sécherlech wëlle mer keng Effectiver vun 20 plus, dat ass ganz kloer. Mee awer ëmmer nëmme manner Kanner an der Klass ze hunn, dat erlichtert et net onbedéngt, Schoul ze halen. Dat ass net onbedéngt direkt déi Léisung, fir besser kënnen ze differenzéieren an op déi eenzel Stärkten a Schwächte vun de Schülerinnen a Schüler besser kënnen anzegeen. An dofir sollte mer dorobber sécherlech och nach eng Kéier e kritesche Bléck kënnen werfen. Virun allem, ob de Contingent eis et dann erlaabt huet, an der Schoul sécherzestellen, wéi et am Gesetz vun 2009 virgesi war, nämlech eebe grad differenziéiert an am Cycle kënnen ze schaffen. Dat ass deen Optrag, deen ech dem Observatoire ginn hunn. A mir waarden eigentlech do op d'Resultater. An dat soll eis, eis alleguerten an der Politik, och déi néideg Orientatioun ginn, fir an Zukunft iwwert

d'Ausrichtung vum Contingent ze schwätzen.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Educationminister Claude Meisch.

5. 7778 - Projet de loi relative à la construction du contournement de Hosingen (E421/N7)

7779 - Projet de loi relative à la mise à 2x2 voies de la B7 entre les échangeurs de Schieren et Ettelbruck

7780 - Projet de loi relative à la sécurisation de la N7 entre Fridhaff et Weiswampach

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch ass déi gemeinsam Diskussioun vum Projet de loi 7778 iwwert de Bau vum Housener Contournement, vum Projet de loi 7779 iwwert den Ausbau vun der B7 tëschent Schieren an Ettelbréck an dem Projet de loi 7780 iwwert d'Ofsicherung vun der N7 tëschent dem Fridhaff a Wäiswampach. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här André Bauler, d'Madamm Cécile Hemmen, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi 7778, déi honorabel Madamm Chantal Gary.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics sur le projet de loi n° 7778

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kollegen, Här Minister, de Projet de loi 7778 ass genee wéi déi zwee aner Projet-de-loien, de 7779 an de 7780, déi mer de Mëtten um Ordre du jour regroupéiert hunn, e Finanzéierungsgesetz fir e Stroossebauprojet vum Mobilitéitsministère. Dës dräi Projete goufen zesummen déposéiert a ginn de Mëtten och hei zesummen diskutéiert, well se all een Deel vun där selwechter Stroossenachs betreffen.

Beim Projet de loi 7779 geet et ëm d'Stroossestéck nom Schluss vun der Autobunn A7 op Colmer-Bierg, wat offiziell B7 heescht. Beim Projet de loi 7780 geet et ëm d'Securisation vun der N7, der sougenannter „Dräibunn“, ab dem Rond-point Fridhaff bis op Wäiswampach. A beim éischte Projet vun dësem legislativen Trio, dem 7778, vun deem ech d'Rapportrice sinn, geet et ëm de Contournement vun Housen, deen och zu der N7 gehéiert. An heimat géif ech dann och mam eigentleche Rapport vum Projet de loi 7778 ufänken.

De Projet vum Housener Contournement ass Deel vun der Strategie fir eng nohalteg Mobilitéit, der MoDu 2.0. 2013 louch de Volume vum Traffick an der Section transversale vun der N7 zu Housen bei ronn 10.000 Autoen den Dag. Haut schwätze mer vun ëm déi 17.000 Autoen den Dag. Hauptzil vun dësem Projet ass et, d'Uertschaft Housen wäitgeendst vum Duerchgangstraffick ze entlaaschte respektiv d'Haaptstrooss a puncto Duerchgangstraffick quasi stëllezeleeën. D'N7, wéi se elo ass, gëtt ab deem Moment zréckgebaut, wann den Housener Contournement mat där neier N7 bis a Betrib ass.

Dës Ëmstrukturéierung soll haaptsächlech zu enger Opwärtung souwéi enger Revaloriséierung vum Uertschär vun Housen an enger Augmentatioun vun der Liewensqualitéit vun de Bewunner féieren.

Tëscht 1998 an 2018 goufe verschidden Etüden duerchgefouert, fir sech schlussendlech 2018 fir d'Variant mat engem Korridor westlech vun Housen ze entscheeden. De Contournement House fänkt beim Rond-point Op der Héi, wann een aus der Stad kennt, un an hält 4,4 Kilometer an nördlecher Richtung e puer Honnert Meter nom neien Echangeur Housen-Nord op der Héicht vun Duerscht op a befënn sech ausschliisslech um Territoire vun der Gemeng Parc Housen.

De Contournement ass och am Kontext vun der Securisatioun vun der N7: Hei ginn eng ganz Rei Tronçone securiséiert, wou eng Mëtteleitplank gebaut gëtt, an den Tronçon vun dësem Contournement ass och an där nämmlecher Philosophie geplangt. Dat heescht, datt och hei eng Mëtteleitplank iwwert dee ganzen Tronçon virgesinn ass.

De komplette Projet vum Contournement House stellt sech follgendermoossen zesummen: De Contournement selwer beinhalt nieft den normale Stroossendeeler och nach aacht Ouvrage-d'arten. Dat si véier Passages inférieurs, déi ënnert dem Contournement erduerchginn, wouvun der zwee sougenannt Ouvrages biotopes sinn, dat heescht Passagë fir d'Fauna a fir eventuell Baachen, dann zwee Passages supérieurs, wou Brécken iwwert de Contournement kommen, eng Tranchée couverte an eng Wëldebréck. Dann zielen nach véier Bassins de rétention derzou, de Reamenagement vun der Traversée vun Housen, den Déplacement vun engem Stéck vun dem CR324, deen d'N7 zu Housen schneit, d'Integratioun vun enger Vélospist duerch Housen, der PC7, déi och fir de Rescht vum N7-Projet virge-